



# DE FUUSS

INFORMATIONEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

2 | 2024

BULLETIN  
COMMUNAL

*D'Fotoe vum neie Rond-point op der  
Präiteler Bréck si vum Georges Koster.*



# DËST STEET HEI DRAN

Virwuert

2

## D'GEMENG LA COMMUNE

Gemengerot	5
Conseil communal	10
Zivilstand // État civil	14
Mir gratuléieren	14
D'Kommissiounen vun der Gemeng Waldbëlleg	16
Tina Rodrigues Ferreira, Gemeng Waldbëlleg	20
Interview mam Conseiller Chrëscht Berens	21
Dîner du Printemps - Fréijoerssiessen 2024	22
Die Erweiterung des Gemeindehauses nimmt Gestalt an	24

## SCHOUL & MAISON RELAIS ÉCOLE & MAISON RELAIS

Dino-Ausstellung am Precoce	27
Cycle 1: Abenteuer am Dinoland	28
Konscht am Cycle 1	29
Liesung am C1	30
„Schoulfoire Yep“	30
Neue Klassen- und Gruppenräume für École und Maison relais am Schulkomplex „Michel Rodange“	
in Waldbillig:	31
Maison relais	34

## VERÄINER ASSOCIATIONS

Club des Jeunes Christnach	37
KALATOU Asbl	39
D'Aeromodelliste vu Chrëstnech	40
Ëmmer fit	42
FC Olympia Christnach/Waldbillig	43
AG 2024 vun der S. P. L.	46
D'Waldbëlleger Musek	53

## KULTUR A GESCHICHT CULTURE ET HISTOIRE

Lëtzebuerg, Kräizpunkt vu Sproochen a Kulturen	
D'Sprooch(en) zu Lëtzebuerg (Deel 1)	55
Rhoda Bennett, Textilkënschtlerin vu Chrëschtnech	61
Hëlzen Déieren am Chrëschtnecher Krees	62
80 Joer Ardennenoffensiv	65
Galaconcert vun der Waldbëlleger Musek	68
Uergelfrënn Waldbëlleg	70
Journée d'initiation à la préhistoire et à la protohistoire	71

## LIEWEN AN DER GEMENG VIE RURALE

Buerg zu Waldbëlleg	75
Buergbrennen zu Haler	76
Club Senior An der Loupescht →	
Club Aktiv Plus An der Loupescht	78
Stëftung Hëllef doheem „Mënschlech a kompetent“	80
D'Heinzelmännercher	82
Internationalen Dag vun de „Maladies Rares“	83
Kannerfuesbal	84
Par Mëllerdall St Méchel	86
Kommioun zu Chrëstnech	86
Keng Panik	88

## KLIMAPAKT AN NATURPAKT PACTE CLIMAT ET PACTE NATURE

Die Gemeinde Waldbillig engagiert sich	91
Nachhaltigkeit macht Schule	94
Klima Agence	100
Tariffer SIGRE zu Gréiwemaacher	103

## WAT ASS LASS? QUE FAIRE ?

Agenda	105
Restaurants	106
Gemengerot	106
Santé mentale	107

# VIRWUERT

## Léif Awunnerinnen an Awunner vun der Gemeng Waldbëlleg,



mir freeën eis, fir Iech den zweeten DE FUUSS fir d'Joer 2024 ze presentéieren. Heiranner fannt Dir niewent de Rapporten vun deene leschte Gemengerotssëtzunge vill nützlich Informatiounen iwwer dat, wat bei eis an der Gemeng lass war.

Eis verschidde Chantiere komme ganz gutt weider: Beim Ausbau vun der Gemeng sinn de Rez-de-Chaussée an den 1. Stack betonéiert, den Ausbau vun der Maison relais soll am September 2024 fäerdeg sinn an déi nei Säll an der Schoul hoffentlech fir d'Rentrée am September 2025.

Déi Projete ginn an dësem FUUSS méi genee virgestallt.

Fir d'Cafeteria vun der Sportshal hu mir endlech den Agreement fir 37 Kanner kritt, fir se als Deel vun der Maison relais ze notzen. Domat kréien d'Kanner vum Cycle 3 hiren eegene Raum.

Fir d'Verlinkung vun de Quellen Härebur a Schéissen-dëmpel si Leitunge verluecht ginn. Den Uschloss op deenen zwou Säite gëtt am Hierscht gemaach, wann de Waasserverbrauch erofgeet.

Beim Chantier vun der Bëlleger Baach am Mëllerdall ass et méi schwiereg. Déi Aarbechte goufen duerch de Staarkree vum 17. Mee 2024 komplett gestéiert, sou dass elo verschidde Saachen anescht mussen geplangt ginn.



De Rond-Point op der Präiteler Bréck war net direkt e Chantier vun eiser Gemeng. Mir si frou, datt dës Aarbechten ofgeschloss sinn an, datt eis Iddi vun der Ënnerféierung, déi vum Parking a Richtung Schéissendëmpel féiert, berécksiichtegt an ëmgesat gouf. D'Käschte vun deenen Zousaarbechte ginn zu 50 % vum Tourismusministère bezuelt, déi aner 50 % iwwerhuele mir zesumme mat der Gemeng Konsdref.

De Restaurant vun der Heringer Millen mécht Ufank August mat engem neie Bedreiwler nees op. Bis dohin hu mir verschidde Foodtrucken op der Plaz, esou wéi de Glacewon vun der Fairer Mëllech. Verschidde Weekender grillen och eis Veräiner bei der Spillplaz am Mëllerdall.

D'Duerffest fënnt dëst Joer de 14. Juli zu Waldbëlleg statt a gëtt an Zesummenaarbecht mat de Veräiner organiséiert.

Mir wënschen Iech vill Freed beim Liesen a géifen eis freeën Iech op där enger oder anerer Manifestatioun an eiser Gemeng ze begéinen.

*Äre Schäfferot*

**Déi nei Adress vun der Gemeng:  
7, Fielserstrooss, L-7640 Chrëschtnech**




## **Impressum**

Redaktioun vum FUUSS: Marc Barthelemy, Luc Friedrich, Yolande Kirsch, Corinne Meyers, Isabelle Oberlé, a Karin Enser fir d'Korrekturen  
Reegelméisseg Fotoen: Damaris Pletschette, Olivier Glod, Georges Koster  
Hëllef op der Gemeng: Pit Beckené, Martine Dimmer, Andrée Henx-Greischer, Kim Ruppert, Filipe Soares, David Sonnetti  
Grafesch Gestaltung: Susanne Hangarter  
Drock: Imprimerie de l'Est, Iechternach.  
Responsabelen Éditeur: Gemeng Waldbëlleg

Ënnerschriwwen Artikelen drécken d'Vuë vun den Auteuren aus a ginn ënnert hirer Responsabilitéit publizéiert.  
Am FUUSS gëtt meeschtens net gegendert, mee de Generis masculinum geholl. Frae gi mat si/se bezeechent.

## **D'GEMENG // LA COMMUNE**



*Foto: Damaris*

## GEMENGEROT

Vun de Sätzungen am Gemengerot ginn am FUUSS d'Decisioune publizéiert, déi de Gemengerot geholl huet.

D'Audio-Opname vun den Debatte ginn als Audiodatei um Internetsite [www.waldbillig.lu](http://www.waldbillig.lu) fir sechs Méint gespäichert, an der Rubrik **Quotidien** mam Titel **Séance du conseil communal**.

## GEMENGEROTSSÄTZUNG 2024/2

### Sätzung vum Donneschdeg, 22.02.2024

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,  
 // MEYERS Corinne, Schäffen,  
 // BENDER Maxime,  
 // BERENS Christian,  
 // GOEDERT Jeannot,  
 // KIRSCH Yolande,  
 // MICHELS Mike,  
 // TOBES Romain, Conseilleren,  
 // DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt:

// BOONEN Serge, Schäffen

De Schäffe BOONEN Serge huet der Schäffin MEYERS Corinne eng Procuratioun ginn, fir a sengem Numm ze stëmmen.

### Dagesuerdning

#### Net öffentlech Sätzung

2024-02-01 Demande fir d'Pensioun an d'Demissioun vum aktuellen Einnemer op den 1. November 2024.

#### Öffentlech Sätzung

2024-02-02 Entscheedung fir op e Prêt zeréckzegräifen, fir verschidden extraordinär Aarbechte kënnen ze realiséieren.

- |            |   |
|------------|---|
| 2024-02-03 | Ernennung vun engem stellvertriedenden Delegéierte vum Office Régional du Tourisme Regioun Mëllerdall – kleng Lëtzebuerger Schwäiz. |
| 2024-02-04 | Bewëllegung vum Projet fir den Ausbau vum Schoulgebai zu Waldbëlleg.  |
| 2024-02-05 | Ufro, fir datt e Kand, wat net an der Gemeng wunnt, kann hei an d'Schoul goen.  |
| 2024-02-06 | Ofännerung vum interne Gemengerotsreglement vum 07.02.2019.   |
| 2024-02-07 | Reclassement vu Parzellen zu Haler aus dem öffentleche kommunale Besëtz an de private kommunale Besëtz.                             |
| 2024-02-08 | Ufro fir d'Deele vun engem Terrain zu Haler.  |
| 2024-02-09 | Ufro vun der Waldbëlleger Musek fir en aussergewöhnleche Subsid.  |
| 2024-02-10 | Subsidufroen.   |
| 2024-02-11 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot.   |
| 2024-02-12 | Verschiddenes.  |
1. De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Accord, datt de Receveur op den 1. November 2024 a Pensioun geet.
  2. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, fir e Prêt an Héicht vun 3.000.000,00€ bei enger Bank opzehuelen, fir verschidde gréisser Projete kënnen ze realiséieren, ënner aneren den Ausbau vun der Gemeng an der Maison relais, den Neibau vum Veräinshaus an der Tribün vum Fussball, d'Gestioun vum Uewerflächewaasser an d'Promotioun vum Tourismus am Mëllerdall.
  3. De Gemengerot ernennt den Här Christian Berens, Conseiller, eestëmmeg als stellvertriedenden Delegéierte vum Office Régional du Tourisme Regioun Mëllerdall – kleng Lëtzebuerger Schwäiz.
  4. De Gemengerot bewëllegt eestëmmeg den ugepasste Projet vum Ausbau vum Schoulgebai zu Waldbëlleg, ausgeschafft vum Büro Planetplus architectes et urbanistes S.C, fir 5 weider Kllassesäll

bäizebauen. D'Käschte belafe sech op en Total vu 4.980.000,00 € (TTC)

De Gemengerot freet zäitgläich eng finanziell Bedeelegung vum zoustännege Minister fir intern Affäre betreffend dese Projet.

5. De Gemengerot acceptéiert eestëmmeg d'Ufro, fir datt e Kand, dat net an der Gemeng wunnt, fir d'Schouljoer 2024/2025 an de Cycle 1 vun der Schoul Waldbëlleg kënnt.
6. De Gemengerot bewëllegt eestëmmeg d'Ofännerung vum interne Gemengerotsreglement laut den Dispositiounen vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988.
7. De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Averstännis, fir d'Parzell, déi um Kadaster ënner der Nummer 337/2427 Sektoun A vun Haler agedroen ass an eng Gesamtfläch vu 5 Zentiar huet, aus dem ëffentleche kommunale Besëtz an de private kommunale Besëtz ëmzeklasséieren, fir se eventuell ze verkafen.
8. De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Averstännis fir d'Deele vun der Parzell, déi um Kadaster ënner der Nummer 889/1891 Sektoun A vun Haler, agedroen ass, an 2 Loten, laut Plang, deen der Demande bäilouch.
9. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, der Waldbëlleger Musek en ausseruerdentleche Subsid an Héicht vun der Hallschent vun de Käschte fir d'Loune vun der Beliichtung vun der Bün am Kader vum Galaconcert zouzesprieche. Dëst mécht e Montant vun 1.447,44 € (TTC) aus.
10. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, follgende Veräiner e Subsid an Héicht vu 75 € zouzesprieche:
  - Lëtzebuurger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.
  - Fédération des unions d'apiculteurs du Grand-Duché Duché de Luxembourg
  - Médecins du Monde Luxembourg

## GEMENGEROTSSÄTZUNG 2024/3

**Sëtzung vum Dënschden, 16.04.2024**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,  
 // BOONEN Serge, échevin,  
 // MEYERS Corinne, Schäffen,  
 // BENDER Maxime,  
 // BERENS Christian,  
 // GOEDERT Jeannot,  
 // KIRSCH Yolande,  
 // MICHEL Mike,  
 // TOBES Romain, Conseillere,  
 // DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt : /

### Dagesuerdung

#### Ëffentlech Sëtzung

2024-03-01	Administrativ Konten a Gestions Konte vum Joer 2022.
2024-03-02	Approbatioun vu Verkafsakten.
2024-03-03	Bewëllegung vun engem Mietvertrag.
2024-03-04	Ännerung vum ordinäre Budget.
2024-03-05	Ännerung vum extraordinäre Budget.
2024-03-06	Aféiere vun enger Kautioun beim Ausstelle vun enger Baugeneemegung.
2024-03-07	Festleeë vum Präis fir de Réckkaf vun de schwaarze Poubellen am Kader vun den Adaptatiounen an der Offallgestioun.
2024-03-08	Demande fir e Morcellement vun engem Terrain zu Waldbëlleg.
2024-03-09	Ufro, fir datt e Kand, wat net an der Gemeng wunnt, kann hei an d'Schoul (Cycle 1) goen.
2024-03-10	Ernennung vun engem Gemengen-delegéierte fir d'a.s.b.l. Nordstadjugend.
2024-03-11	Approbatioun vun der Gemengestrategie fir den Ëmweltschutz vun der Gemeng Waldbëlleg am Kader vum Naturpakt.
2024-03-12	Ufro vun der Gemeng Jonglënster iwwe de Relogement vum Club Aktiv Plus.



2024-03-13 Entscheidung betreffend d'Feierlechkeete fir den 200. Gebuertsdag vum Michel Rodange.

2024-03-14 Ufro fir en extraordinäre Subsid.

2024-03-15 Subsidufroen.

2024-03-16 Verschiddenes.

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengesetz vum 13. Dezember 1988 hunn d'Conseillere Bender, Michels an Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot fir follgend Punkten op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung ze setzen:

2024-03-17 Froe vum Gemengerot un de Schäfferot.

2024-03-18 Mat dem Plënnere vun de Gemengeraimlechkeeten op Chrëschtnech, an der viraussichtlecher Bauzäit vun 2 Joer, steet de Festsall zu Waldbëlleg eidel.

Mir froen, fir de Festsall zu Waldbëlleg kënne fräizeginn fir d'Veräiner, sou dass do z.B. kéint eng Reunioun resp. eng Generalversammlung stattfannen.

De Gemengerot:

1. hält den administrative Kont an de Gestionskont vun 2022 eestëmmeg un, wéi ënnendrenner opgefouert:

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Einnamen:	8.219.425,69 €	83.589,80 €
Ausgaben:	4.816.959,25 €	7.015.341,56 €
Boni vum Kont 2021:	5.009.960,16 €	
Definitive Boni:	1.704.015,98 €	

2. gëtt eestëmmeg säin Accord fir:

- a) en Tauschakt vun enger Emprise zu Waldbëlleg, Sektoun B vu Waldbëlleg, ageschriwwen um Kadaster ënner der Nummer 453/4800 zu Gonschte vun der Gemeng Waldbëlleg géint en Deel vun der Parzell 445/4797 zu Waldbëlleg, Sektoun B vu Waldbëlleg;

b) e Verkafsakt vun enger Emprise zu Haler, lieu-dit „Beim Basseng“, Sektoun A vun Haller, ageschriwwen um Kadaster ënner der Nummer 397/2158;

3. gëtt eestëmmeg säin Accord fir d'Verlängerung vum Mietvertrag ëm ee Joer, fir d'Haus am Mëllerdall fir déi ukrainesch Familljen;

4. entscheet eestëmmeg follgend ordinär Budgetartikelen ze schafen:

a) 3/130/611200/99001 – Locatioun vun enger Kiermaschinn – fir an de Budget vum Joer 2024 mat engem Kreditt vun 30.000,00 € ;

b) 3/510/606352/99002 – Réckkaf vun de schwaarze Poubellen – fir an de Budget vum Joer 2024 mat engem Kredit vun 20.000,00 €;

5. de Punkt 2024-03-05 vum Ordre du jour gëtt gestrach well d'Modifikatioun vum ordinäre Budget am Punkt virdu festgehale ginn ass. Den extraordinären Deel vum Budget muss net geännert ginn;

6. entscheet eestëmmeg, d'groussherzoglecht Règlement betreffend d'Kautioun beim Ausstelle vun enger Baugeneemegung unzehuelen;

7. entscheet eestëmmeg, d'Präisser fir de Réckkaf vun de schwaarzen Dreckschëschten opgrond vun hirem Alter an der Gréisst ze fixéieren:

- 50 % vum Akafspräis fir déi nom 1. Januar 2000 kaf gi sinn;

- 100 % vum Akafspräis fir déi nom 1. Januar 2014 kaf gi sinn;

- déi virum Joer 2000 kaf gi sinn musse komplett ersat ginn;

8. bewëllegt de Morcellement vun der Parzell 576/4713, Sektoun B vu Waldbëlleg, an zwee Lousen;

9. acceptéiert d'Ufro vun Elteren, déi net an der Gemeng wunnen, datt hiert Kand ka während dem Schouljoer 2024/2025 an de Cycle 1 vun der Schoul Waldbëlleg kommen;

- 10.** designéiert eestëmmeg de Conseiller Mike Michels als Gemengendelegéierten bei der a.s.b.l. Nordstadjugend;
- 11.** approuvéiert eestëmmeg d'Gemengestrategie fir den Ëmweltschutz vun der Gemeng Waldbëlleg am Kader vum Naturpakt;
- 12.** gëtt eestëmmeg säin Accord zur Ufro vun der Gemeng Jonglënster iwwer de Relogement vum Club Aktiv Plus vu Beidweiler an de Centre „JongMëtt“ zu Jonglënster inklusiv dem Loyer, dee fir d'Gemeng Waldbëlleg ufält.
- 13.** approuvéiert eestëmmeg d'Iddi, fir eng Feier fir den 200. Gebuerstdag vum lëtzebuurger Dichter Michel Rodange ze organiséieren;
- 14.**
- a) entscheet eestëmmeg, dëse Punkt op den Ordre du jour vum nächste Gemengerot ze verleeën, fir der Fiissercher a.s.b.l. Zäit ze ginn hire Bilan, eng Oplëschtung vun de Käschten an hir konkret Virstellung iwwer de Montant vum Subsid vun der Gemeng ze schécken;
- b) entscheet eestëmmeg, en extraordinäre Subsid an Héicht vun 3.000 € u Quadriga Luxembourg auszebezuelen am Kader vun der Organisatioun vun der Manifestatioun „Ons Heemecht am Krich – 80 Joer duerno“, déi de 5. bis de 7. Juli 2024 zu Suevelbuer stattfënnt;
- 15.** entscheet eestëmmeg follgenden Associatiounen e Subsid vu 75 € auszebezuelen:
- El Salvador – Luxembourg
  - SOS Détresse
  - Parkinson Luxembourg asbl
  - Sécurité routière Luxembourg
  - Handicap International
  - Chrëschte mam Sahel
  - Care
  - Ugda école de musique
  - SOS Villages d'enfants Monde
  - Les amis du Tibet
  - Fëblux – Fir ëffentlech Bibliothéiken, Lëtzebuerg a.s.b.l.
- an entscheet mat 6 Stëmme géint 3 Stëmme (Schäfferot), fir e Subsid vu 75 € un d'Amicale du Groupe Cynotechnique a.s.b.l. auszebezuelen;
- 16.** déi dräi Conseillere hunn dee leschte Punkt no den Erklärungen vum Schäfferot zrëckgezunn.

Foto: Damaris



## CONSEIL COMMUNAL

Les décisions du conseil communal, sont publiées au bulletin communal FUUSS. Il n'existe pas de rapport intégral des discussions.

Les débats sont enregistrés et publiés comme fichier audio sur le site [www.waldbillig.lu](http://www.waldbillig.lu) pendant six mois, sous la rubrique **Quotidien** avec l'intitulé **Séance du conseil communal**.

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2024/2

### Séance du jeudi 22.02.2024

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,  
 // MEYERS Corinne, échevine,  
 // BENDER Maxime,  
 // BERENS Christian,  
 // GOEDERT Jeannot,  
 // KIRSCH Yolande,  
 // MICHELS Mike,  
 // TOBES Romain, conseillers,  
 // DIMMER Martine, secrétaire.

Excusé :

// BOONEN Serge, échevin

L'échevin BOONEN Serge a donné une procuration à l'échevine MEYERS Corinne pour voter en son nom.

### Ordre du jour

#### Séance à huis clos

2024-02-01 Demande de départ en retraite impliquant la démission du receveur communal de son poste avec effet au 1<sup>er</sup> novembre 2024.

#### Séance publique

2024-02-02 Décision de recourir à un prêt bancaire pour la réalisation de différents travaux extraordinaires.

2024-02-03 Désignation d'un délégué suppléant à l'Office régional du tourisme région Mullerthal - Petite Suisse luxembourgeoise.

2024-02-04 Adaptation du projet portant sur l'extension de l'école fondamentale à Waldbillig.

2024-02-05 Demande de fréquentation d'un enfant non-résident de l'école fondamentale de Waldbillig, cycle 1 pour l'année scolaire 2024/2025.

2024-02-06 Adaptation du règlement d'ordre intérieur du conseil communal du 07.02.2019, conformément à l'avis du ministre des Affaires intérieures.

2024-02-07 Reclassement d'une parcelle sise à Haller, appartenant au domaine public communal en domaine privé communal.

2024-02-08 Demande de morcellement d'un terrain sis à Haller.

2024-02-09 Demande de subside extraordinaire de l'association Waldbëlleger Musek.

2024-02-10 Demandes de subside.

2024-02-11 Questions des membres du Conseil communal au collège des bourgmestre et échevins.

2024-02-12 Divers.

1. Le conseil communal donne unanimement son accord à la demande de départ en retraite du receveur communal avec effet au 1<sup>er</sup> novembre 2024.
2. Le conseil communal décide unanimement de contracter un emprunt de 3.000.000,00 € auprès d'un institut bancaire aux fins de couvrir les dépenses considérables dans les domaines de transformation de la mairie et de la maison relais, de construction d'une maison sociétaire et tribune, de gestion des eaux de surface et de la promotion du tourisme à Mullerthal.
3. Le conseil communal désigne unanimement Monsieur Christian Berens, conseiller communal, au poste de délégué suppléant à l'Office régional du tourisme région Mullerthal - Petite Suisse luxembourgeoise.

4. Le conseil communal approuve unanimement le projet adapté d'extension de l'école fondamentale de Waldbillig, portant notamment sur la construction de cinq salles de classes supplémentaires, élaboré par le bureau Planetplus architectes et urbanistes S.C., au montant total estimé de 4.980.000,00 € (TTC).

Le conseil communal demande également à Monsieur le Ministre des Affaires intérieures de bien vouloir accorder un subside à la commune pour les cinq salles de classe supplémentaires.

5. Le conseil communal décide unanimement l'admission d'un enfant non-résident au cycle 1 de l'école fondamentale de Waldbillig pour l'année 2024/2025.
6. Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix la modification du règlement d'ordre intérieur du conseil communal.
7. Le conseil communal donne son accord au reclassement du domaine public communal en domaine privé communal, en vue de son aliénation éventuelle, de la parcelle inscrite au cadastre sous le numéro 337/2427, sise à Haller, section A de Haller, d'une contenance totale de 5 centiares.
8. Le conseil communal marque son accord au projet de morcellement de la parcelle no 889/1891, section A de Haller, en deux lots.
9. Le conseil communal décide unanimement d'accorder un subside extraordinaire de 1.447,44 € à l'association « Waldbëlleger Musek », notamment la moitié des frais de location de l'illumination de scène dans le cadre du concert de gala.
10. Le conseil communal décide unanimement d'accorder un subside de 75 € aux associations suivantes :
- Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.
  - Fédération des unions d'apiculteurs du Grand-Duché Duché de Luxembourg
  - Médecins du Monde Luxembourg

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2024/2

Séance du mardi 16.04.2024

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,  
 // BOONEN Serge, échevin,  
 // MEYERS Corinne, échevine,  
 // BENDER Maxime,  
 // BERENS Christian,  
 // GOEDERT Jeannot,  
 // KIRSCH Yolande,  
 // MICHELS Mike,  
 // TOBES Romain, conseillers,  
 // DIMMER Martine, secrétaire.

Excusé : /

### Ordre du jour

#### Séance publique

2024-03-01	Compte administratif et compte de gestion de l'exercice 2022.
2024-03-02	Approbation d'actes de vente.
2024-03-03	Approbation d'un contrat de bail.
2024-03-04	Modifications budgétaires ordinaires.
2024-03-05	Modification budgétaire extraordinaire.
2024-03-06	Introduction d'une caution à avancer lors de la délivrance d'une autorisation de bâtir.
2024-03-07	Tarif de rachat des poubelles grises pour déchets ménagers dans le cadre de l'adaptation de la gestion des déchets.
2024-03-08	Demande de morcellement d'un terrain sis à Waldbillig.
2024-03-09	Demande d'inscription d'un enfant non-résident à l'école fondamentale de Waldbillig, cycle 1 pour l'année scolaire 2024/2025.
2024-03-10	Désignation d'un délégué communal au sein de l'a.s.b.l. Nordstadjugend.
2024-03-11	Approbation de la stratégie communale pour la protection de l'environnement de la commune de Waldbillig dans le cadre du pacte nature.

2024-03-12	Demande d'un accord de principe de la commune de Junglinster pour le relogement du Club Aktiv Plus.
2024-03-13	Décision portant sur la célébration du 200e Anniversaire de Michel Rodange.
2024-03-14	Demandes de subsides extraordinaires.
2023-03-15	Demandes de subsides.
2023-03-16	Divers

Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, les conseillers Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes ont demandé par écrit à la bourgmestre d'ajouter les points suivants à l'ordre du jour :

2023-03-17	Question du conseil communal au collègue des bourgmestre et échevins.
2023-03-18	Mat dem Plënnere vun de Gemengeraimlechkeeten op Chrëschtnech, an der viraussichtlecher Bauzäit vun 2 Joer, steet de Festsall zu Waldbëlleg eidel.

Mir froen, fir de Festsall zu Waldbëlleg kënnen fräizeginn fir d'Veräiner, sou dass do z.B. kéint eng Reunioun resp. eng Generalversammlung stattfannen.

1. Le conseil communal arrête unanimement et provisoirement lesdits comptes conformément au tableau ci-après :

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes :	8.219.425,69 €	83.589,80 €
Total des dépenses :	4.816.959,25 €	7.015.341,56 €
Boni du compte 2021 :	5.009.960,16 €	
Boni définitif :	1.704.015,98 €	

2. Le conseil communal décide unanimement de marquer son accord :

- a) à un acte d'échange d'une emprise sise à Waldbillig, section B de Waldbillig, inscrite au cadastre sous le numéro 453/4800 contre une partie de la parcelle inscrite au cadastre sous le numéro 445/4797 sise à Waldbillig, section B de Waldbillig.

- b) à un acte de vente d'une emprise sise à Haller, lieu-dit « Beim Basseng », section A de Haller, inscrite au cadastre sous le numéro 397/2158.

3. Le conseil communal décide unanimement de marquer son accord au contrat de bail concernant la maison sise à Mullerthal qui est louée pour une année supplémentaire à la famille ukrainienne.

4. Le conseil communal décide unanimement de créer les articles budgétaires suivants :

- a) 3/130/611200/99001 – Location d'une balayeuse de voirie – du budget de l'exercice 2024 avec un crédit de 30.000,00 € ;

- b) 3/510/606352/99002 – Rachat des poubelles aux ménages – du budget de l'exercice 2024 avec un crédit de 20.000,00 €.

5. La modification budgétaire prévue sous les dépenses extraordinaires de l'exercice 2024 est en fait à inscrire sous les dépenses ordinaires et est ajoutée au point à l'ordre du jour précédent. De ce fait, le point à l'ordre du jour 2024-03-05 est rayé.

6. Le conseil communal décide unanimement d'arrêter le règlement communal concernant l'introduction d'une caution au montant de 2.500,00 € à avancer lors de la délivrance d'une autorisation de bâtir.

7. Le conseil communal décide unanimement de fixer les prix pour le rachat des poubelles grises pour déchets ménagers en fonction de leur taille et l'année durant laquelle les poubelles ont été achetées, notamment :

50 % du prix de vente pour les poubelles achetées après le 1<sup>er</sup> janvier 2000 ;

100 % du prix de vente des poubelles achetées à partir du 1<sup>er</sup> janvier 2014 ;

Les poubelles achetées avant le 1<sup>er</sup> janvier 2000 sont remplacées d'office.

8. Le conseil communal marque son accord au projet de morcellement de la parcelle no 576/4713, section B de Waldbillig, en deux lots.

9. Le conseil communal décide unanimement l'admission d'un enfant non-résident au cycle 1 de l'école fondamentale de Waldbillig pour l'année 2024/2025.

- 10.** Le conseil communal décide unanimement de désigner le conseiller communal Mike Michels comme délégué communal auprès de l'a.s.b.l. Nordstadjugend.
- 11.** Le conseil communal décide unanimement d'approuver la stratégie de la commune de Waldbillig pour la protection de l'environnement dans le cadre du pacte nature.
- 12.** Le conseil communal décide unanimement de donner un accord de principe favorable au projet de reloger le Club Aktiv plus de Beidweiler au centre « JongMett » à Junglinster avec le loyer qui s'ensuit pour la commune de Waldbillig.
- 13.** Le conseil communal décide unanimement de se prononcer en faveur de la célébration du 200<sup>e</sup> anniversaire du poète luxembourgeois Michel Rodange.
- 14.**
- a) Le conseil communal décide unanimement de reporter la délibération de ce point à la prochaine réunion du conseil communal afin de compléter la demande par le bilan financier de l'a.s.b.l. Fiissercher, une évaluation des coûts de la manifestation organisée et une idée sur le montant attendu par la commune.
- b) Le conseil communal décide unanimement d'accorder un subside extraordinaire au montant de 3.000,00 € à Quadriga Luxembourg dans le cadre de l'organisation de la manifestation « Ons Heemecht am Krich – 80 Joer duerno », organisée du 5 au 7 juillet 2024 à Savelborn.
- 15.** Le conseil communal décide unanimement d'accorder un subside au montant de 75 € aux associations suivantes :
- El Salvador – Luxembourg
  - SOS Détresse
  - Parkinson Luxembourg asbl
  - Sécurité routière Luxembourg
  - Handicap International
  - Chrëschte mam Sahel
  - Care
  - Ugda école de musique
  - SOS Villages d'enfants Monde
  - Les amis du Tibet
  - Fëblux – Fir ëffentlech Bibliothéiken, Lëtzebuerg a.s.b.l.
- Et décide avec six voix contre trois voix (collège échevinal) d'accorder un subside de 75 € en faveur de l'Amicale du groupe Cynotechnique a.s.b.l.
- 16.** Les trois conseillers retirent ce point du vote suite aux informations fournies par le collège échevinal.

## ZIVILSTAND // ÉTAT CIVIL

### Gebuerden // Naissances

04/02/2024	<b>Da Cunha Vital</b>	Tayana Maria	Waldbëlleg
17/02/2024	<b>Froidevaux</b>	Junis	Chrëschtnech
23/02/2024	<b>dos Santos Martins</b>	Lian	Chrëschtnech
05/03/2024	<b>Dias Pereira</b>	Elena	Chrëschtnech
04/03/2024	<b>Mühleisen</b>	Leo	Chrëschtnech
13/04/2024	<b>Hild</b>	Normi	Chrëschtnech

### Hochzäiten // Mariages

21/02/2024	<b>Michels</b> Mike Jacques Franz & <b>Kaes</b> Cathy Marie Elisabeth	Waldbëlleg
01/03/2024	<b>Bungaroo</b> Iveesh & <b>Marina</b> Marie Vanessa	Waldbëlleg
29/03/2024	<b>Frese</b> Hendrik & <b>Huss</b> Caroline Jacqueline Pierrette	Chrëschtnech
08/05/2024	<b>Wampach</b> Kristof & <b>Frisch</b> Eve	Chrëschtnech
10/05/2024	<b>Engel</b> Steve Guy Laurent & <b>Fajardo</b> Ana Maria Amaya	Haler

Et goufen an där Zäit **keng Pacsen** an et ass och **kee gestuerwen** an der Gemeng.

## MIR GRATULÉIEREN



D'Madame **Juliette Hary** huet de 27. Januar hir 90 Joer gefeiert. Si ass 1934 zu Chrëschtnech als Juliette Wilhelm gebuer.



Den 21. Februar sinn d'**Kätty Kaes** an de **Mike Michels** um Kärespäicher bestuet ginn.





Den 1. Mäerz sinn d'**Maria Vanessa Marina** an de **Bungaroo Iveesh** op der Gemeng bestuet ginn.



Den Här **Raymond Alff huet** de 6. Mäerz seng 95 Joer gefeiert. Hien ass 1929 zu Haler gebuer.



Den 29. Mäerz sinn d'**Caroline Jacqueline Pierrette Huss** an den **Hendrik Frese** op der Gemeng bestuet ginn.



Den 8. Mee sinn d'**Eve Frisch** an de **Kristof Wampach** op der Gemeng bestuet ginn.



Den 10. Mee sinn d'**Ana Maria Amaya Fajardo** an de **Steve Guy Laurent Engel** um Kärespeicher bestuet ginn.

## D'KOMMISSIOUNE VUN DER GEMENG WALDBËLLEG

An all Gemeng musse Kommissiounen si fir d'Schoul a fir d'Integratioun. Do derbäi kann e Gemengerot méi Kommissiounen schafen. Zu Waldbëlleg sinn dat: d'Kulturkommissioun, d'Bautekommissioun, d'Redaktioun vum FUUSS, d'Bewegungskommissioun.

Eng extra Roll huet de Klimateam, deen am Kader vum Prozess vum Klimapakt an d'Liewe geruff gouf. Dat selwecht zielt fir den Naturpaktteam.

D'Roll vun deene Kommissiounen ass konsultativ, d. h. si beroden de Schäffen- a Gemengerot.

D'Membere vun de Kommissiounen gi vum Gemengerot bestëmmt.



Op der Foto sinn d'Membere vun der Schoulkommissioun, vu lénks no riets: Maité Franck, Christiane Seil, Joëlle Niederweis, Corinne Meyers, Harpa Tordardottir, Andrée Henx-Greischer, Sandy Moulin, Manon Bastin, Jean-Marc Felgen, Danielle Mehlen, Robert Brachmond. Et feelt d'Christine Kieffer. (Foto: Martine Dimmer)

### Schoulkommissioun

Déi gesetzlech festgeluechte Missiounen vun der Schoulkommissioun sinn déi heiten:

- d'Schoulorganisatioun, also d'Opdeelung vun de Klasse mat hiren Enseignanten, ze kucken an dem Gemengerot en Avis doriwwer ze maachen;
- d'Ëmsetze vun der Schoulorganisatioun a vum Plan de réussite scolaire ze suivéieren;
- d'Mesurë fir de schouleschen Encadrement ze fërderen an doriwwer mat den Elteren ze schwätzen, mat den Enseignanten a mam Personal, dat an de fir d'Kanner zoustännege Servicer schafft;
- en Avis ze ginn iwwer de Schoulrapport, an de Schäfferot iwwer alles ze informéieren, wat fir d'Schoul kéint nützlich oder schiedlech sinn;
- en Avis ze ginn iwwer de Budget vun der Schoul;
- un der Conception, der Konstruktioun oder den Transformatiounen vun de Schoulgebaier matzeschaffen.



D'Membere vun der Bautekommissioun sinn, op der Foto vu lénks: hannen Ulrike Sauer, Liz Henx; vir Serge Schroeder, Jeff Mirkes, Romain Tobes, Tom Boes. (Foto: David Sonnetti)

## Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen

D'Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen, virdrun Integratiounskommissioun genannt, informéiert de Gemengerot iwwer d'Situatioun vun den auslännesche Bierger, déi an der Gemeng wunnen. Si mécht Proposen, virun allem heiriwwer:

- fir déi sozial, wirtschaftlech, politesch a kulturell Integratioun vun allen Awunner vun der Gemeng ze erliichteren;
- fir den Dialog, den interkulturellen Austausch an dat géigesäitegt Versteesdemech tëscht allen Awunner vun der Gemeng ze fërderen;
- fir déi administrativ Relatiounen tëscht auslänneschen Awunner an der Gemengenadministratioun mat hire Servicer ze erliichteren.

## Bautekommissioun

D'Commission des bâtisses analyséiert déi grous Bauprojeten, ier de Buergermeeschter seng Autorisatioun ausstellt (oder net).

All Bierger ass gehalen, fir esou e Projet a fir all Ëmbau op der Gemeng eng Autorisatioun unzefroen. Dat ka mat dem Formulaire « *Demande d'autorisation de construire* » geschéien, deen hei um Internetsite steet: [https://waldbillig.lu/\\_res/uploads/201907-demande-dautorisation-v2.pdf](https://waldbillig.lu/_res/uploads/201907-demande-dautorisation-v2.pdf)



Vu lénks: Jean-Paul Greisch, Sybille Dammé, Marie-Rose Majerus-Weis, Chrëscht Berens, Andrée Henx-Greischer, Corinne Meyers, Hervé Patrick Lapnet Bouseko. (Foto: Martine Dimmer)

Den Avis vun der Kommissioun gëtt vum Gemengerot gefrot iwwer:

- Empfangs- an Integratiounsmoosnamen an der Gemeng;
- Sensibiliséierung vun auslännesche Bierger am Híbléck op hir Participatioun un de Gemengewahlen;
- d'Reglementer iwwer d'Notze vun de sportlechen a kulturellen Infrastrukturen vun der Gemeng.

## Kultur- an Tourissem- kommissioun

Et gëtt scho ganz laang eng Kulturkommissioun an der Gemeng Waldbëlleg. Schon am Gemeindebuet 1994-1 goufen d'Membere vun der deemoleger Kulturkommissioun virgestallt:

„Die neue Kulturkommission wünscht sich eine breite und fruchtbare Zusammenarbeit mit allen kunstliebenden und kunstbegeisterten Mitbürgern der Gemeinde.“

Derbäi waren deemools:

- Emile Borschette, Krëschtnech
- Josée Weber-Hurt, Haler
- Marcel Ewers, Haler
- Fernand Gloden, Krëschtnech
- Lucien Mick, Waldbelleg

Sekretärin war d'Josée Weber-Hurt, President den Emile Borschette.



An der Kulturkommissioun sinn aktuell, op der Foto vu lénks: Romain Wies, Miguel Moreira, Maxime Bender, Yolande Kirsch, Marc Feidt, Romain Tobes, Serge Weber, Claire Larry. Et feelt op der Foto: Patrick Lapnet. (Foto: Olivier Glod)

D'Missioun vun där Kommissioun ass et, dem Gemengerot Proposen ze maachen iwwer déi kulturell an, zanter e puer Joer, och déi touristesch Aktivitéiten an der Gemeng, awer och iwwer d'Erhale vum Patrimoine an d'Dokumentatioun vun der Geschicht vun der Gemeng.



Op der Foto ass d'FUUSS-Redaktioun bei der Aarbecht, vu lénks: Isabelle Oberlé, Marc Barthelemy, Luc Friedrich, Corinne Meyers, Yolande Kirsch. Et feelt: Karin Enser. (Foto: Georges Koster)

## Redaktioun FUUSS

D'Redaktioun vum FUUSS këmmert sech ëm d'Gemengenzeitung FUUSS, déi aktuell dräimol am Joer erauskënnt. Si mécht dat am Kader vun den Direktiven an de Mëttelen, déi de Gemengerot dofir decidéiert. An ënner der Opsicht vum Schäfferot, dee säin Accord muss ginn, ier de FUUSS gedréckt gëtt.

## D'Bewegungskommissioun

D'Bewegungskommissioun mécht der Gemengeféierung Proposen iwwer Sport- a Bewegungsaktivitéiten, an iwwer déi néideg Infrastrukturen.



Et sinn do derbäi, vu lénks: Liz Henx, Catherine Schwarz, Chrëscht Berens, Arsenio Ferreira, Mike Michels, Thierry Hild, Romain Wies. (Foto: Christian Berens)



D'Klimateam besteet aus deenen heite Memberen, vu lénks: Charel Gleis, Mike Michels, Andrée Henx-Greischer, Serge Boonen, Tom Boes, Jeannot Goedert, Marc Feidt, Georges Koster, Filipe Soares, Bernhard Jäckel, Jean-Paul Greisch. Op der Foto feelen: Chrëscht Berens, Yolande Kirsch, Jean-Joseph Tholl, Romain Tobes. (Foto: David Sonnetti)

## Klimateam

D'Klimateam beréit de Schäfferot iwwer de Klimapakt-Prozess a kuckt virun allem, ob déi Ziler agehale ginn, déi am Leitbild vum Klimapakt festgehale gi waren. De Klimateam mécht och Proposen doriwwer, wéi déi jonk Awunner kënnen an de Prozess agebonne ginn.

## Naturpaktteam

D'Missioun vum Naturpaktteam ass et, eng Strategie auszeschaffen, déi iwwer e puer Joer geet, an se der Gemeng virzeleeën. Déi Strategie viséiert d'Begréngung vun den Uertschaften an d'Bewirtschaftung vun den öffentleche Gréngflächen, dat am Respekt vun Natur- a Waasserschutz an am Interessi vun der Biodiversitéit.



Op der Foto si vu lénks: Filipe Soares, Jeannot Goedert, Martine Dimmer, Claude Agnes, Pierre Feipel. Op der Foto feelen: Joé Mensen a Serge Boonen. (Foto: David Sonnetti)

## TINA RODRIGUES FERREIRA, GEMENG WALDBËLLEG

D'Tina heescht mam vollen Numm Maria Leontina Rodrigues Ferreira a si schafft op der Gemeng Waldbëlleg am Service de l'entretien des surfaces.

### Comment avez-vous eu votre emploi auprès de la commune de Waldbillig ?

À l'époque, je travaillais à la maison relais. Nico Schlammes et Marianne Jacobs m'ont convaincu de déposer ma candidature.

### Depuis quand y travaillez-vous ?

J'y travaille depuis août 2013.

### Quels sont les aspects positifs ?

Je travaille à côté de la maison, j'ai des horaires qui m'arrangent et un travail sûr.

### Quels sont les défis ?

Montrer le meilleur de moi-même.

### Que faisiez-vous avant de venir travailler à la commune de Waldbillig ?

J'étais occupée à la Maison relais comme aide cuisine, plonge et femme de ménage

*Foto: Raphael Mordant*



*Foto: Fabrice Mordant*

### Quels sont vos projets de travail pour l'avenir concernant votre travail ?

À cause de ma santé je ne fais pas de projets. Si cela reste ainsi pour moi c'est très bien.

### Estimez-vous qu'il fait bon vivre dans la commune et sa région ?

Oui, région et commune sont agréables pour y vivre.

### Où vivez-vous actuellement ?

À Haller.

### Comment vous détendez-vous lorsque vous rentrez du travail ?

Quand je rentre, j'effectue certaines tâches de la maison, et comme loisirs j'aime des promenades avec mon chien, faire du crochet, de la broderie ou du tricot, et lire.

## INTERVIEW MAM CONSEILLER CHRËSCHT BERENS

### Géift Dir iech kuerz virstellen?

Mäin Numm ass Chrëscht Berens 1963 zu Péiteng gebuer, Papp vun zwee Bouwen a bestued mam Jeannette. Ech hu meng Léier als Autos-Mecanicien ofgeschloss, a si bei d'Arméi gaangen an no 5 Joer Déngscht bei de Staat schaffe gaangen. Ech sinn elo säit véier Joer an der Pensioun.

Meng Hobbye si Vëlo fueren an natierlech mat mengen Hënn an eiser schéiner Natur spadséieren ze goen, a menger Fra am Gaart zur Hand ze goen, wou si awer de Chef ass.

### Firwat sidd Dir an d'Politik gaangen?

Mat menger Famill wunnen ech elo säit 24 Joer an eiser schéiner Gemeng. An all deene Jore wou ech geschafft hunn, huet et mir un der Zäit gefeelt, mech méi intensiv mat der Duerfpolitik ze beschäftegen.



Fotoen: Chrëscht Berens

Wou ech bis pensionéiert war, sinn ech gefrot ginn, fir mat an Gemengewalen ze goen. No e bëssen Hin an Hir a Récksprooch mat menger Fra hunn ech mech fir d'Walen opgesat.

### Wei eng politesch Dossiere leien Iech perséinlech um Häerz?

Fir mech ass prioritär d'Wuelbefanne vun eise Bierger aus eiser Gemeng, an natierlech den Ausbau vun eiser Crèche a vun eiser Schoul. Do ass scho vill Bewegung an deem Dossier. An dann och d'Verkéisberouegung, an den Zoustand vun eise Gemengestroossen a vun eisen Trëppelweeër duerch de schéine Mëllerdall. Zu gudder Lescht soll eis Gemeng esou gutt ewéi et nëmme méiglech ass un de besteende Reseau vun de Velospisten ugeschloss ginn.

### Soll eng kleng Gemeng ewéi Waldbëlleg onafhängeg bleiwen?

Fir mech perséinlech stellt sech déi Fro net, well eis Gemeng fonctionéiert ganz gutt autonom. Et sinn eng ganz Rei Projeten derbäi, ëmgesat ze ginn oder schonns realiséiert ginn. An dat fonctionéiert ganz gutt, an d'Gemeng bleift hiren eegene Meeschter.

### Wat si fir Iech perséinlech d'Unzéiungspunkte vun eiser Gemeng, firwat lieft Dir gär hei? Wat kéint besser sinn?

D'Lag vun eiser Gemeng ass eng vun deene schéinste Plazen an eisem Ländchen. D'Regioun ass neierdénks bekannt ënner dem Numm Unesco Naturpark Mëllerdall, eis Bëscher an déi ganz Natur ronderëm mussen erhale ginn.

Mir gefält och, datt d'Gemeng nohalteg gewuess ass. Frou wier ech, wa mir erëm eng Plaz am Duerfkär géife fannen, wou Bierger sech kéinten treffen, z.B. bei enger Partie Pétanque op der Bulleplast.


## DÎNER DU PRINTEMPS - FRÉIJOERSIessen 2024

Den 22. Mäerz huet de Schäfferot op dat traditionellt Fréijoersiessen invitéiert.

Et ass deen Owend am Joer, wou de Schäffen- a Gemengerot zesumme mat de Mataarbechter vun der Gemeng an de Memberen aus de Kommissiounen e gesellegen Owend verbréngt. D'Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer huet de Moment genotzt, fir an hirer Begréissungsried jidder eenzelnem fir säin Asaz Merci ze soen.

Dëst Joer huet d'Gemeng op Bech an de Restaurant Steinmetz invitéiert. Déi ronn 80 Leit hunn den Owend mat exzellentem Iessen, Gedrénks a gudder Musik verbruecht. D'Fotoe sinn de beschte Beweis, datt d'Stëmmung net besser hätt kënnen sinn.

*Text: Yolande Kirsch  
Fotoen: Joëlle Duschang & Yolande Kirsch*









## DIE ERWEITERUNG DES GEMEINDEHAUSES NIMMT GESTALT AN

Seit Jahren stößt unser Gemeindehaus an seine Platzgrenzen. Es werden weitere Büros für die Verwaltung, Besprechungsräume und ein Raum für das Gemeindearchiv benötigt, und dem Festsaal im Hentgesbau fehlt ein angemessener Empfangsbereich. Die Gemeinde hat daher das Architekturbüro Witry & Witry aus Echternach beauftragt, ein Projekt zu entwickeln, das diesen Anforderungen Rechnung trägt. Das nun im Bau befindliche Konzept sieht neben der Schaffung der nötigen Räumlichkeiten vor, dass gleichzeitig die bestehende Bausubstanz aufgewertet und dem Dorf durch einen umgestalteten Außenbereich im hinteren Bereich des Hentgesbaus eine neue Mitte geschenkt wird. Seit November letzten Jahres rollen die Bagger, und das Projekt nimmt Gestalt an.

Der architektonische Entwurf sieht vor, dass der bestehende Hentgesbau ebenso wie sein nachträglicher Anbau und die schöne Vorfläche mit der alten Weide erhalten bleiben. Lediglich das Erdgeschoss wird an der zur Kirche hin orientierten Seite mit einem eingeschossigen Büroanbau erweitert. Das Flachdach dieses Anbaus wird als großzügige Terrasse gestaltet, auf die man vom Festsaal

aus hinaustreten kann. Hierzu werden die im Ursprungsentwurf auch auf der Rückseite des Hentgesbaus vorgesehenen vier Rundbogenfenster nun ergänzt. Gerade bei abendlichen Veranstaltungen wird man von der sonnigen West-Ausrichtung dieses neuen Außenbereichs profitieren und auf den ebenfalls neu angelegten „unteren Platz“ am Bëllegerbaach blicken können.

Der eigentliche Neubau entsteht entlang der Rue de Christnach, wo bis vor kurzem noch ein leerstehender Bauernhof stand. Das zweigeschossige Gebäude greift mit seinem klassischen Satteldach eine typische Gebäudeform unserer Gegend auf und fügt sich somit harmonisch in die gewachsene Dorfstruktur. Sein Erdgeschoss erhält eine direkte Verbindung mit dem des Hentgesbaus und beherbergt ebenfalls Verwaltungsfunktionen – der Eingang für die Verwaltung wird in der Fuge zwischen Neu- und Altbau liegen.

Für das Obergeschoss des Neubaus, das von Süden her ebenerdig zu erreichen ist, entsteht ein neuer, repräsentativer Haupteingang am „oberen Platz“. Hier werden sich



ein neues Empfangsfoyer für den Festsaal und ein dazugehöriger Servicebereich befinden, sodass der Festsaal für verschiedenste Gelegenheiten ausgestattet und genutzt werden kann.

Künftig werden somit die Verwaltung und der Kulturbereich funktional klar voneinander getrennt und können unabhängig voneinander betrieben werden – die Verwaltung im unteren, die Veranstaltungen im oberen Geschoss.

Wer zurzeit an der Baustelle entlangspaziert, kann bereits erkennen, wie das Gebäude Form annimmt: Nachdem

die Arbeiten lange Zeit im Boden mit der Herstellung des Unterbaus und der Fundamente steckten, sind nun die Erdgeschosswände bereits betoniert, und die Baukörper nehmen langsam Gestalt an. Geplant ist, dass der Rohbau im Herbst dieses Jahres steht und der Dachstuhl aufgestellt werden kann. Die Fertigstellung der „neuen alten“ Gemeng ist für Sommer 2025 vorgesehen. Zu dem Zeitpunkt sollen dann auch die beiden mit dem Neubau entstehenden Dorfplätze entlang des Erdgeschosses und des Obergeschosses fertiggestellt sein und als neuer Ort der Begegnung in der Dorfmitte dienen.

*Text a Fotoen: Witry & Witry*





**SCHOUL & MAISON RELAIS // ÉCOLE & MAISON RELAIS**





## DINO-AUSSTELLUNG AM PRECOCE

Am Precoce huet sech am zweeten Trimester alles ëm d'Thema Dinosaurier gedréint. D'Kanner hunn allerlee geléiert, gebastelt a gemoolt. D'Eltere konnten déi flott Wierker an enger Ausstellung bewonneren an hu souguer dierfen aktiv beim Dino-Yoga matmaachen. Datt keen hongreg huet missen heemgoen, goufen et Kichelcher, wou Dinoen hir Spueren drop hannerlooss hunn an Dino-Kamellen. Natierlech alles vun de Kanner aus dem Precoce selwer gemach.



Als Ofschluss vum Thema hu mir all zesummen en Ausflug op Ernzen an den Dino-Park gemach wou mir ganz vill verschidden Dinosaurier gesinn hunn.



## CYCLE 1: ABENTEUER AM DINOLAND

Während e puer Bibliothéksstonnen huet d'Joffer Martine vum Cycle 1 vu Waldbëlleg, zesumme mam Adriano, Celia, Jan, Kyra, Lisa an Emina des spannend Geschicht iwwert e puer Déieren an de Supermario am Dinosaurierland erfondt. Dës Kanner hunn duerno mam Ella, Elodie, Mélia a Lio d'Geschicht illustréiert:

Den Tiger ass de Chef vum Dinosaurierland, hie leeft do an engem Haus, wat hie selwer gebaut huet.

Den Hond, de Gepard an de Leopard hunn sech verlaf a kommen am Dinosaurierland un. De Supermario ass an e Rouer gefall an dunn och am Dinoland gelant.

Do kennt den Tigerchef an dee well déi 4 friessen. Hie steet op engem Velociraptor a rífft:

„Ech hunn eng Iwwerraschung fir iech, ech well iech friessen.“

Déi 4 lafe sou séier wéi méiglech fort a verstoppen sech an den Hecken a krauche weider bis se um Enn vum Dinosaurierland sinn.

De Supermario fënnt e falscht Rouer, sprengt dran a kënnt zréck a säi Land.

Den Tiger an d'Dinoe kommen ëmmer méi no a si fannen déi 3 Déieren. Si héiere wéi d'Déiere ruffen: „Komm mir verstoppen eis an den Hecken“. Den Tiger spréngt op si duer „Ech friessen iech elo“. D'Déiere ruffen d'Einhorn.

D'Einhorn probéiert d'Déieren aus dem Dinosaurierland ze retten. Hatt mécht e Reebou an d'Déiere klammen de Reebou rop a rutschen aus dem Dinoland eraus an hiert Land.



## KONSCHT AM CYCLE 1

Zesumme mat hire Léierinnen hunn d'Kanner aus dem Cycle 1 virun der Ouschtervakanz eng Konschtausstellung iwwer de Claude Monet, d'Frida Kahlo, den Andy Warhol a Robot-Art op d'Bee gesat an hiren Eltere wärend dem Portfolios-Nomëtteg presentéiert.

Mat vill Begeeschterung a verschidden Techniken hunn d'Kanner gemoolt a gebastelt, mat Faarf experimentéiert a vill iwwer d'Liewe vun hirem Kënschtler geléiert.



## LIESUNG AM C1

De Luc Marteling huet eise Precocekanner an den 3 C1-Klasse jeeweils eng flott an interessant Liesung vun 3 lëtzebuergesche Bicher gehalen. De Kanner huet et gutt gefall, si hunn interesséiert nogelauschert a begeeschtert mat diskutéiert.

Villmools Merci Luc fir déi schéi Geschichten!

MS

## „SCHOULFOIRE YEP“

Am Montag, den 22. April sind wir mit unserer Lehrerin Laura Walch auf die „Schoulfoire Yep“ auf Kirchberg gefahren. Als Klasse hatten wir uns nämlich für das Halbfinale des Wettbewerbs „Fundamentals“ qualifiziert. Im Wettbewerb geht es um Schnelligkeit, Geschicklichkeit und Wurftechnik.

Das Halbfinale haben wir locker gewonnen. In der kurzen Mittagspause haben wir eine Kleinigkeit gegessen und konnten uns über ein paar Berufe informieren.

Das Finale war sehr spannend und wir haben den dritten Platz erreicht. Leider war dann keine Zeit mehr, um uns noch andere Berufe und Schulen anzuschauen.

Wir haben schnell ein Klassenfoto gemacht und sind dann wieder mit Pascales Bus nach Waldbilling gefahren. Wir haben uns sehr gefreut über unser gutes Resultat doch im Bus ist Party leider verboten!

Mayla (Cycle 4.1 a)







## NEUE KLASSEN- UND GRUPPENRÄUME FÜR ÉCOLE UND MAISON RELAIS AM SCHULKOMPLEX „MICHEL RODANGE“ IN WALDBILLIG:

Die Gemeinde Waldbillig setzt derzeit zusammen mit den Architekten Planetplus architectes et urbanistes, dem Statikbüro Daedalus Engineering und dem Haustechnikbüro Goblet & LAavandier zwei neue Projekte am Schulcampus „Michel Rodange“ in Waldbillig um.

Fünf neue Klassenzimmer für die Grundschule in einem Zubau und zwei neue Gruppenräume für die ansässige Maison relais durch Umbauten im Bestand entstehen gerade.

### Extension école fondamentale:

Die neue Erweiterung der „école fondamentale Michel Rodange“ bietet Platz für zusätzlich max. 130 Personen (120 Kinder + 10 Lehrer/innen) in insgesamt fünf neuen Klassenräumen, drei Annexe/Appui-Räume, ein Annexe-Raum für den Bereich „médecine scolaire“ sowie eine neue Freiluft-Klasse.

Der neugeplante Erweiterungsbau schließt sich mit seinem Baukörper an die zum Schulhof orientierte Giebelseite der bestehenden Sporthalle an. Das neue Gebäude wurde von den Architekten in zwei Volumen mit unterschiedlicher Bauhöhe gegliedert, um sich bestmöglich

an den Bestand anzupassen. Verschiedene Materialien, wie mineralischer Putz und Holzelemente werden in der Fassade eingesetzt. Der Zubau wird als Flachdach ausgeführt. Hierdurch kann durch Ausbremsen des anfallenden Regenwassers die Ökobilanz und das Mikroklima verbessert werden.

Erschlossen wird der Erweiterungsbau im Erdgeschoss über einen neu geschaffenen Verbindungsgang zwischen Schulgebäude und Sporthalle. Im Erdgeschoss sind zwei Klassenräume und ein Annexe-Raum, sowie ein kleiner Technikraum (Ventilation) geplant. Über ein an das Bestandsgebäude angeschlossenes zusätzliches Treppenhaus gelangt man in die obere Etage. Dort befinden sich zwei weitere Klassenräume und zwei Annexe-Räume im Neubau.

Ein weiterer Klassenraum und ein Annexe-Raum, welche in der derzeitigen „salle de séance“- und „Archiv“-Bereich geplant sind, gliedern sich zusätzlich an das neugeplante Treppenhaus an. Dieses verbindet zukünftig auch im Obergeschoss die neuen Funktionsräume barrierefrei mit dem Bestandsbau der Schule. Ein neuer behindertengerechter Aufzug verbindet zusätzlich künftig, alle Etagen des Bestands, jene des Zubaus und der Sporthalle, miteinander.




Am Gebäudekopf des Erweiterungsbaus sind zwei überdachte Außenräume geplant. Im Erdgeschoss befindet sich hier ein Abstellraum für die Spielgeräte der Kinder. Im oberen Geschoss ist eine Freiluft-Klasse vorgesehen. Über eine außenliegende Treppe gelangen die Kinder auch von hier direkt zum Schulhof.

Geplante Fertigstellung und Eröffnung der fünf neuen Klassenräume ist voraussichtlich im September 2025.

### Transformation Maison relais:

Bis vor kurzem genutzte vier Stockageräume im Untergeschoss des nordöstlichen Gebäudeflügels des Schulkomplexes Michel Rodange werden derzeit zu zwei neuen Aufenthaltsräumen für die Maison relais umgebaut.

Hier können insgesamt 126 m<sup>2</sup> reine Nettofläche für die



Bedürfnisse der Kinder der Maison relais zur Verfügung gestellt werden.

Durch die geplante Umbaumaßnahme können bis zu 42 weitere Betreuungsplätze geschaffen werden.

Startschuss für den Umbau der Maison relais war eine durch das Architekturbüro Planetplus architectes et urbanistes durchgeführte Studie für die Gemeinde Waldbillig, welche im September 2023 dem Schöffenrat der Gemeinde vorgestellt wurde.

Die Studie diente dem Zweck zu untersuchen, welche Möglichkeiten sich der Gemeinde anbieten, um die Kapazitäten (Grundschule, Maison relais, Kindertagesstätte) des vorhandenen Schulkomplexes sowohl kurzfristig als auch langfristig zu vergrößern.

Nach der Vorstellung dieser Studie wurde vom Schöffenrat entschieden, die Kapazität der Maison relais bis zur nächsten Rentrée 2024 mittels dieses Umbaus im Kellergeschoss um weitere 42 Betreuungsplätze zu vergrößern.

Die geplante Umbaumaßnahme der Maison relais bezieht sich wie bereits erwähnt auf den nordöstlichen Gebäudeflügel des Schulkomplexes Michel Rodange. Im Untergeschoss dieses Flügels werden vorhandene Stockageräume zu neuen Aufenthaltsräumen für die Maison relais umgebaut. Durch geringfügige Änderungen der Außenanlagen können die neuen Räume sehr gut belichtet werden und erhalten ihren eigenen vorangestellten, gesicherten Außenbereich.

Durch die Umbaumaßnahme der Kellerräume werden auch die Fassadenseiten Westen und Osten betroffen sein. In der Westfassade (zum Schulhof hin) werden die

aktuellen kleinen Fenster durch größere, sowie ein zusätzliches Fensterelement ersetzt. Die derzeitige Grünfläche vor diesen Fenstern soll abgeböschert werden. Durch diese Maßnahme wird eine ausreichende Belichtung der Gangflächen vor den neuen Aufenthaltsräumen im Untergeschoss ermöglicht.

Die Ostseite des Umbauflügels öffnet sich im Bereich des Umbaus großzügig. Durch bodentiefe neue Fensterelemente wird eine optimale Belichtung für die beiden neuen Gruppenräume geschaffen. Um möglichst viel Tageslicht in die Räume zu transportieren, werden entlang des dort vorbeiführenden Weges Winkelstützsteine mit dem Verlauf des Weges vorangestellt. Dies schafft zusätzlich einen kleinen, neuen Freibereich vor den neuen Gruppenräumen der Maison relais.

Eine neue Putzfassade in diesem Bereich soll an die bestehende anschließen, um so ein harmonisches und einheitliches Gesamtbild der Fassade zu erhalten.

Derzeit arbeitet die Firma Kuhn construction zeitgleich an beiden Projekten. Aushub, Terrassierarbeiten und die Vorbereitungen der Bodenplatte für die neue Schulerweiterung sind im vollen Gange.



Währenddessen sind die Rohbauarbeiten innen im Rahmen des Umbauprojektes für die beiden neuen Gruppenräume der Maison relais weitestgehend abgeschlossen. Fertigstellung und Eröffnung der neuen Gruppenräume ist für die Rentrée 2024 geplant.

<b>Kennzahlen Extension école:</b>	<b>Kennzahlen Transformation Maison relais:</b>																												
<ul style="list-style-type: none"> <li>Surface construite brute:                             <table border="0"> <tr> <td>Umbau/Bestand</td> <td>371,12 m<sup>2</sup></td> </tr> <tr> <td>Erweiterung</td> <td>692,76 m<sup>2</sup></td> </tr> </table> </li> <li>Volume brut:                             <table border="0"> <tr> <td>Umbau/Bestand</td> <td>1366,06 m<sup>3</sup></td> </tr> <tr> <td>Erweiterung</td> <td>3144,08 m<sup>3</sup></td> </tr> </table> </li> <li>Geplante Kinderanzahl: 100 Kinder</li> <li>Neue Lern- und Unterrichtsräume:                             <table border="0"> <tr> <td>5 x Klassenraum, 4 x Annexe/Appui-Räume</td> <td></td> </tr> <tr> <td>1 x Freiluftklasse</td> <td></td> </tr> </table> </li> <li>Gesamtinvestitionskosten:                             <table border="0"> <tr> <td>Index 1003,76 (04/2022)</td> <td></td> </tr> <tr> <td>4.904.444,15 € T.T.C</td> <td></td> </tr> </table> </li> </ul>	Umbau/Bestand	371,12 m <sup>2</sup>	Erweiterung	692,76 m <sup>2</sup>	Umbau/Bestand	1366,06 m <sup>3</sup>	Erweiterung	3144,08 m <sup>3</sup>	5 x Klassenraum, 4 x Annexe/Appui-Räume		1 x Freiluftklasse		Index 1003,76 (04/2022)		4.904.444,15 € T.T.C		<ul style="list-style-type: none"> <li>Surface construite brute:                             <table border="0"> <tr> <td>Umbau/Bestand</td> <td>238,00 m<sup>2</sup></td> </tr> </table> </li> <li>Volume brut:                             <table border="0"> <tr> <td>Umbau/Bestand</td> <td>856,00 m<sup>3</sup></td> </tr> </table> </li> <li>Geplante Kinderanzahl 42 Kinder</li> <li>Neue Gruppen- und Nebenräume:                             <table border="0"> <tr> <td>2 x Gruppenraum</td> <td></td> </tr> <tr> <td>1 x WC</td> <td></td> </tr> </table> </li> <li>Gesamtinvestitionskosten:                             <table border="0"> <tr> <td>Index 1127,38 (04/2023)</td> <td></td> </tr> <tr> <td>1.537.395,40 € T.T.C</td> <td></td> </tr> </table> </li> </ul>	Umbau/Bestand	238,00 m <sup>2</sup>	Umbau/Bestand	856,00 m <sup>3</sup>	2 x Gruppenraum		1 x WC		Index 1127,38 (04/2023)		1.537.395,40 € T.T.C	
Umbau/Bestand	371,12 m <sup>2</sup>																												
Erweiterung	692,76 m <sup>2</sup>																												
Umbau/Bestand	1366,06 m <sup>3</sup>																												
Erweiterung	3144,08 m <sup>3</sup>																												
5 x Klassenraum, 4 x Annexe/Appui-Räume																													
1 x Freiluftklasse																													
Index 1003,76 (04/2022)																													
4.904.444,15 € T.T.C																													
Umbau/Bestand	238,00 m <sup>2</sup>																												
Umbau/Bestand	856,00 m <sup>3</sup>																												
2 x Gruppenraum																													
1 x WC																													
Index 1127,38 (04/2023)																													
1.537.395,40 € T.T.C																													

## MAISON RELAIS

An der Maison relais war ewéi gewinnt vill lass.

D'Kanner konnten nach um Enn vum Winter vum Schnéi profitéieren, a si konnten am Ufank vum Fréijoer erëm an de Bësch kucke goen.

Et ass gekacht, gebastelt, geturnt a gespillt ginn, a Besuch war och do, de Kleeschen an den Ouschterhues!





A vibrant red laser light show at a concert or club. The scene is dominated by a dense array of bright red laser beams radiating from a horizontal line of light sources in the middle ground, creating a fan-like pattern that fills the upper two-thirds of the frame. In the foreground, the silhouettes of a crowd of people are visible, with several individuals raising their hands in the air, suggesting a lively atmosphere. The overall color palette is a rich, saturated red, with the laser beams providing a stark contrast against the darker background.

**VERÄINER // ASSOCIATIONS**

## CLUB DES JEUNES CHRISTNACH

D'Joer 2024 hu mir mat e puer flotten Aktivitéiten ugefaang.

Zesummen hu mir eise Kavalkadswon zum Thema „Barbie“ gebaut, mat deem et den 11. Februar op d'Dikrecher Kavalkad gaangen ass. De 25. Februar ware mir zu Esch op der Kavalkad an d'Fuessaison hu mir den 10. Mäerz zu Péiteng ausklénge gelooss.

Samschdes de 17. Februar si mir mam Kavalkadswon duerch d'Duerf ophiewe gaang. An den 18. Februar hate mir dunn eist Buergbrennen zu Chrëstnech um Hougeriicht.

Dëst Joer néi, eise Sonndes Aperó. All éischte Sonndeg am Mount invitéiere mir Jonk an Al häerzlech op eise Stamminee. Vun 11 Auer u kënnt Dir gemittlech e Patt drénke kommen an e puer flott Stonne mat eis verbréngen.



De 27. Abrëll hate mir déi 20. Editioun vun eisem Knëppelbal zu Waldbëlleg. Eng Ronn 700 Leit haten de Wee bis op Waldbëlleg fonnt, fir mat eis zesummen ze feieren. En Deel vum Erléis vun eisem Knëppelbal spende mir un den Télévie.

De 9. Mee ware mir bei d'Landjugend Süden op den 48. Landjugenddag zu Sprénkeng. Mir ware mat dräi Ékippe vertraueden an haten e flotten Dag zesummen.

*Michèle Duschang*






## KALATOU ASBL

Am FUUSS vum Februar 2024 hu mir bericht, datt de Bau vun enger neier Schoul zu Nabonga am Dezember 2023 ugefaangen huet. An der Zäit vun nëmmen dräi Méint ass d'Gebai fäerdeg ginn. Heibäi gesitt Dir Fotoe vun der neier Schoul am Februar an am Abrëll 2024, sou wéi och e Remerciement vun de Schoulautoritéiten.

D'Haaptdonateure fir dëse Projet waren de Lions Club, d'Kiwanis an de Rotary Club. An der Tëschenzäit krute mir och en Don vu 500 € vum Veräi Jonk & Al Waldbëlleg, deen zur Geleeënheet vun hirer Generalversammlung den 21. Mäerz 2024 iwwerrecht ginn ass. Heimat soe mir Jonk & Al an hirem President Willi Smit en härerzleche Merci.

An der Generalversammlung vu Kalatou, de 15. Mee 2024, ass de Comité offiziell vergréissert ginn duerch d'Madamm Kerstin Becker, déi Vizepresidentin vum Veräi gëtt. Si huet an de leschte Wochen a Méint fläisseg un eiser Websäit geschafft, déi elo zougänglech ass ënner der Adress kalatou.org.

Eisen nächste grouesse Projet wäert d'Opriichte vun engem weidere Schoulgebai an der Région des Savanes sinn. Doriwwer gitt Dir mat Zäit informéiert. Entretemps schécke



mir eng Sendung mat Schoulbänken op Nabonga, woubäi

mir mam Veräi Le Lien du Cœur vun Hiefenech – deen och zanter laangem mat Entwécklungshëllef am Togo beschäftegt ass – e Container fir den Transport deelen. Mir soe Le Lien du Cœur an hirem President, dem Marco Godinho, villmools Merci fir dës Zesummenaarbecht.

Natierlech si mir och fir all Don hei aus der Gemeng immens dankbar. Dat geet entweder iwwer d'Websäit kalatou.org oder via de QR-Code deen hei steet.



Dir kënnt och en Don maachen, andeems Dir eng Iwwerweisung op ee vun de Konte vun der Fondation Fonds interculturel maacht: POST: LU53 1111 7270 7459 0000 oder BCEE: LU69 0019 1000 0116 0000, deen lech erlaabt, Ären Don vun de Steieren ofzesetzen.

Mir sinn nach ëmmer op der Sich no Summergezei a Schong fir Kanner, souwéi franséisch Kannerbicher fir d'Schoulen an der Regioun Dapaong. Wann Dir eppes fir eis hutt, da kontaktéiert wgl. eis Presidentin Thérèse Bagnah, 9, rue de Christnach, L-7680 Waldbillig, Tel. 691 79 97 61; E-Mail: kalatou.info@gmail.com.

Am Comité vu Kalatou sinn:  
 BAGNAH Thérèse (Presidentin), BECKER Kerstin (Vice-Presidentin), WICKENS Henry (Sekretär), STEVENS Elli (Caissière) a BADEN-LOBITZ Danielle.



Text: Henry Wickens  
 Fotoen: Thérèse Bagnah



## D'AEROMODELLISTE VU CHRËSTNECH

Vum Wanter an d'Fréijoer ... an nees an de Wanter ...!  
D'Wieder ass ondugen a net esou einfach fir eis open-  
air Aktivitéiten! E sëllege Reen ... intensiv Wandstéiss,  
meeschtens aus enger ongëschteger Richtung, waarem/  
kal ... a.s.w!



Am Januar souzen déi aktiv Sportler nawell gär fir  
d'Mokkaspaus am AMC-Chalet!

Enn Januar si well massiv Krukerte-Formatiounen  
iwwerem Terrain gesi ginn.



An eisen Terrain war naass genuch fir e Waasserfliger!



D'Meis hu gutt geschafft  
dëse Wanter.

Eischt Entretiensaarbechte  
sinn ugelaft.

En neie Moteur op der  
Schleefmaschinn ass  
getest ginn, an déi éischt  
Handstartoperatiounen  
si mat décker Wanter-  
kleedung ënnerholl ginn.  
Remorquagé waren  
och nees méiglech an  
d'Margréidercher ewell  
eraus.





E Gyrokooper, déi Sait der Musel „Drehflügler“, genannt, war eng nei Erfahrung ... keen Heli, awer och kee Fliger ... a flitt nawell.



Mäerz an Abrëll ass de Flouer schéi gréng ginn an en éischte Pimpapfel huet sech um Terrain gewisen ... warem-kal-naass hunn d'Meteo bestëmmt!



Wann d'Piloten aktiv um Terrain waren, si muench Wanderer oder Cycliste stoe bliwwen, fir eppes iwwert eise schéinen Hobby gewuer ze ginn! Eltere mat Kanner hu mir awer mat op de Wee ginn, datt wa soss keen an der Famill Modellbauinteressent ass, dann en Alter vu 14 Joer, fir mam Hobby unzefänken, ugesoot ass! (oder ugeroden)



D'Assemblée générale ordinaire ass nees am Hotel-Restaurant Cigalon am Mëllerdall ofgehale ginn: e gemittlecht Zesummeschaffe mat uschléissendem Owesessen, ... séier agreabel!




An eng Paus op der Terrasse vum Chalet ass gären ofgehale ginn.

Mir freeën eis op nach méi schéint Wieder. Enn Abrëll, ugangs Mee war et esou wäit!



En neie Seegler geet op! 23 Minute laang seegelen a méi, bei 10 Grad, waren Enn Abrëll ewell méiglech.



Bei Froen iwwer den Aeromodeliste vu Chrëstnech hir Aktivitéiten, kënnt Dir Iech melle beim Paul Mehlen um Tel. 621 21 91 29.

Dem Lieser vum Fuuss wënsche mir vill Freed an der gudder Saison vum Joer 2024!

Redaktioun a Biller: Henri Beissel, Marcel Delleré, Alex Federmeyer, Jos Gaspard, Romain Hanten, Pol Mehlen, Push Steffen

## ËMMER FIT

Den Turnveräin Ëmmer Fit huet opgestockt!

Säit puer Wochen turne mir mat neiem Equipement. Flott nei Hantelen, verschidde Gewiichter, Kettlebells an Jump-

Stretch-Bänner hu mir eis zougeluecht.



Virun allem d'Kettlebells hunn et a sech! Dës Übunge si ganz effektiv an eegenen sech perfekt fir e Ganz-Kierpertraining.



Entretemps si mir alleguer scho gutt a Form komm a mir freeën eis op eisen Training vu méindes owes. Eis Trainerin Agata preparéiert eis wéi gewinnt Woch fir Woch e flotte Programm, a sou ass eist neit Material och scho gutt an den Asaz komm.



D'Gemeng Waldbëlleg huet eis gutt ënnerstëtzt andeems se mat bäigeluecht huet an eis sou e gudden Deel vun eisem neie Material mat finanzéiert huet. Op dësem Wee wëlle mir gären dem Gemengen- a Schäfferot villmools Merci soen, datt si d'Veräiner aus eiser Gemeng sou gutt ënnerstëtzen.

Wie motivéiert ass an och bei eis matmaache wëll, kann sech gär bei eis mellen, dëst am beschte per E-Mail: [emmer.fit@gmail.com](mailto:emmer.fit@gmail.com), oder einfach emol méindes owes schnuppere kommen.

Geturnt gött ëmmer méindes owes zu Waldbëlleg an der Sportshal

**Soft-Gym-Cours vun 18:30 bis 19:30 Auer**

**„traditionellen“ Ëmmer-Fit-Workout-Training  
vun 19:30 bis 20:30 Auer**

Et ass ëmmer flott, a virun allem mat eisem neie Material ass den Training nach méi villfältig an ofwiesslungsräich.

An dësem Sënn, bleift gesond, fit a monter.

*De Comité vum Turnveräin Ëmmer Fit*



## FC OLYMPIA CHRISTNACH/WALDBILLIG

Léif Leit aus der Gemeng, léif Frënn a léif Membere vum FCO, als éischt mol Merci gesot fir Är Ënnerstëtzung fir onse Veräin am Joer 2024.

Wat ass lass beim FCO a wat wäert nach lass sënn am Joer 2024?

Déi heiten Evenementer sënn dëst Joer geplangt:

- **6. Juli:** Jugenddag, mat engem Match vun de Bambinis an de Pupilles géint hir Elteren;
- **8., 9. an 11. August** onse Sommerturnoi;
- **19. Oktober** onst Wëldiessen;
- **22. November** onse Kéisowend.

Am Championnat 23/24 ass ons 1. Equipe gutt ënnerwee. Laang Zeit konnt een drun denken, erëm e Barragematch ze spillen. Elo, wou dësen Artikel geschriwwen gëtt, steet eis Equipe op der 6. Plaz an et sinn nach dräi Matcher ze spillen. Egal wéi et geet, hu se op alle Fall eng gutt Saison gespillt.

Och ons 2. Equipe huet villes richteg gemaach. Zemoos géint Equipen, déi uewen an der Tabell stinn, hunn eis Jonge super Matcher gespillt an zum Beispill géint Koplescht, déi éischt an der Tabelle sënn, 2:1 gewonnen.

E grouse Merci un de José Mantrisi: Et wor seng lescht Saison als Zweet-Equipen-Trainer. Mat Wieder ass et schwéier auszedrécken, wat de José an deene ville Joren als Trainer gemaach huet. Et wor dës Saison – denken ech – méi einfach, eng Equipe zesummenzekeréien, mee et goufen awer och schonns méi schwéier Saisonen. Mee de José huet dat ëmmer gerockt.

Komme mer dann zu eise Jugendequipé vu Bambinis bis Cadets: Och do als éischt e grouse Merci un d'Traineren, d.h. d'Formateuren, esou ass dee richtegen Ausdruck. Eis Formateure spillen eng wichteg Roll an der Entwécklung vun de jonke Spiller, net nëmmen technesch an taktesch, mee och an hirer sozialer an emotionaler Entwécklung. E gudde Formateur motivéiert d'Kanner, férdert hir Passioun fir de Sport a léiert si d'Wichtigkeet vun Teamgeescht an Disziplin. Dës Investitioun an d'Jugend ass fundamental fir d'Zukunft vun onsem Veräin.

All eis Jugendequipé spille gutt an hire jeeweilige Klassen. Bei der Jugend gëtt et eréischt vun de Minimes un e Klassement. Do ginn ëmmer dräi Tier gespillt. D'Minimes haten d'Saison an der fënnefter Liga ugefaangen, sënn do déi Éischt ginn. Am zweeten Tour an der véierter Klass sënn se déi Éischt vun hanne ginn, an hu missen an dem drëtten Tuer erëm an der fënnefter Klass spillen. Do sënn se awer elo erëm op der éischter Tabelleplaz.

Ons Scolaires hunn an der fënnefter Klass ugefaangen, a sënn do déi Éischt ginn. Dunn an der Klass 4 an dem zweeten Tour sënn se op eng super zweet Plaz komm an erëm gestigen an déi drëtt Klass. Do ass et awer e bësse schwéier fir eis Scolaires, an am Moment sinn se do op der leschter Plaz.





Ons Cadets sënn an der drëtter Klass gestart an hunn deen éischten Tour op enger gudder drëtter Plaz gepackt. Am zweeten Tour ass et net esou gutt gewiescht an se sënn déi Lescht ginn. Deemno spillen se elo an der véierter Klass a sënn do am Moment déi Éischt an der Tabell.

Als Ofschloss fir ons Jugend ass nach e Jugenddag de 6. Juli geplangt. Do wäert dann och erëm e Match vun de Bambinis an de Pupilles géint hir Eltere sënn.



Onst Ziel ass et, d'Nowuessaarbecht weider ze verbesseren, an alle Kanner an onser Gemeng d'Méiglechkeet ze ginn, fir Fussball ze spillen. Dëst ass mat Sécherheet net einfach, well et net einfach ass Leit ze fannen, déi sech engagéieren am Veräin ze hëllefen. Fir an Zukunft virunzefueren, ons Aarbecht erfollegräich ze gestalten, brauche mer all Ënnerstëtzung. Dofir géife mer ons freeën, dass du ons hëllef.

- Du wëlls matmaachen virun allem bei der Jugendarbecht:  
Da mell dech wgl. bei ons per Mail  
[jugendtrainer@fcolympia.lu](mailto:jugendtrainer@fcolympia.lu)



- Du hues Loscht op Fussball? Däi Meedchen oder Jong hu Loscht, Fussball ze spillen? Da kontaktéier ons Trainere per Mail un [jugendtrainer@fcolympia.lu](mailto:jugendtrainer@fcolympia.lu)



Ee grouse MERCI un lech all, Gemeng, Formateuren, Spiller, Elteren a Famill, datt Dir dem Fussball trei sidd an ons hëlleft an ons begleet. Déi Ënnerstëtzung fir all eis Matcher um Terrain ass super. Dofir kommt och weider op den Terrain am Lahr zu Chrëschtnech, do ass ons Buvette ëmmer op.



Och ee grouse MERCI un all ons Sponsoren, well ouni si kënne mer dat Ganzt net stemmen.

Nach e spezielle MERCI un d'Gemeng: Wéi Der bestëmmt gesinn hutt, gëtt am Moment vill um Terrain gebaut. Do entstinn ons Tribünen an och eng nei Buvette. Mir freeën eis elo schonns drop, fir lech do kënnen ze begrëissen.



Mat beschte sportleche Gréiss, de Comité vum FCO.

*Text a Fotoen: Tom Meyers, FC Olympia*



## AG 2024 VUN DER S. P. L.

D'Assemblée générale 2024 vun der Société préhistorique luxembourgeoise S. P. L. war den 2. Mäerz 2024 um Kärespäicher an der Heringer Millen. Vum Gemengeconseil war de Jeannot Goedert present.

Virun engem gutt gefällte Sall huet de Marc Barthelemy d'S. P. L. begréisst am Numm vun der Buergermeeschtesch, déi net konnt derbäi sinn. Hien huet ennerstrach, datt d'Gemeng houfreg ass, datt d'S. P. L. hire Siège zu Waldbëlleg huet, an datt de Projet vun enger Ausstellung virugedriwwen gëtt. Do sollen eng Partie vun de villen Artefakten, déi de Marcel Ewers a vill anerer gesammelt hunn, gewise ginn, an och déi aus dem lechternacher Musée Hihof, dee jo definitiv zou ass.

D'Presidentin Denise Leesch huet drop higewisen, datt nieft der Buergermeeschtesch och de Kulturminister sech entschëllegt hat, grad ewéi d'Vertreieder vum Natura Geopark Mëllerdall (NGPM), vun der Tourissem- a Kulturkommissioun Waldbëlleg, a verschidde Membere vum Comité vun der S. P. L.

D'Madame Leesch huet u véier verstuerwe laangjäreg Memberen erënnert: de Johny Karger, dee vun Ufank un dobäi war, an dee 40 Joer laang am Komitee matgeschafft huet, de Geolog Jean Kramp, d'Madamm Catherine Weber-Beckius an d'Madamm Olga Grün-Fabian. Och de Pitje Weber vun Holsthum, den e puer Joerzängt laang ëmmer

bei den Assemblée-généralen dobäi war, ass gestuerwen. De Fernand Spier huet e puer Wuert iwwer de Pit erzielt.

Et goufen eng ganz Partie Aktivitéiten am vergaangene Joer an et sinn der och vill op der Lee. Esou vill, datt hu misse Prioritéite gesat ginn. Dat si virun allem de Projet vum Opschaffe vun de Sammlungen an de Partenariat mam NGPM fir Aktivitéiten ze organiséieren:

*„Iwwer de FOCUNA (Fonds culturel national) hu mir Ufanga Joer erfuer, dass eng Bourse ausgeschriwwen wär vun der Fondation Schleich-Lentz fir archeologesch Aarbechten iwwer Lëtzebuerg ze ënnerstëtzen. Dat koud ganz onverhofft mä mir hunn ons direkt drugesat, e Projet auszeschaffen, fir bei dësem Concours matzemaachen. Mir hate jo scho mam Marcel Ewers senger Sammlung ugefaang an hunn dunn doraus e gutt strukturéierte Projet gemaach. D'Ausschaffen dovun huet bal dräi Méint gebraucht, an déi Méint hunn natierlech gefeelt fir aner Aktivitéiten, mä den Effort huet sech gelount, wëll dach tatsächlech de Jury vun dëser Bourse de Projet vun der S. P. L. ausgewielt huet, fir eng Bourse vun 20.000 Euro (op 3 Joer verdeelt) ze accordéieren. Et ass e grousst Encouragement, fir dëse Projet an dräi Joer ëmzesetzen, an op des Aart a Weis eng zolidd Basis ze schafe fir d'Fuerschung iwwer de Neolithikum zu Lëtzebuerg. E grouse Merci also der Fondation Schleich-Lentz fir dëse Gest, well mir domat jonk Leit kënnen ënnerstëtzen a motivéiere matzeschaffen. Doduerch ginn och déi nächst dräi Joer wëssenschaftlech besonnesch spannend fir ons. [...]*

*Nach eng aner gutt Nouvelle ass, dass d'S. P. L. dëst Joer e Partenariat am Beräich Bildung mam NGPM ënnerschriwwen huet. Duerch dëse Partenariat engagéiere mir ons, e puer Aktivitéiten am Joer zesumme mam NGPM ze organiséieren. Doduerch kréie mir méi Visibilitéit, zum Beispill iwwer de Facebook vum NGPM, an errechen doduerch warscheinlech nei Leit, déi un der Préhistoire interesséiert sinn an déi onse Veräin op des Aart a Weis kenneléieren.“*







Den Aktivitéits- an de Finanzrapport grad ewéi och dee vun de Keeserevisore si par acclamation ugeholl ginn. D'Mandat vun de Revisoren ass erneiert ginn. De Keessjee an de Comité kruten d'Décharge. Och de Budget 2024 huet kee Problem gestallt; dëst Joer huet d'S. P. L. wëlles, erëm e Bulletin erauszébréngen, wat all puer Joer geschitt an ëmmer en déckt Lach an d'Keess rappt, déi awer anstänneg gefëllt ass.

Am Kader vun den Diskussiounen iwwer de Projet vun enger Ännerung vum Gesetz iwwer a.s.b.l.en a Fondatioune besti Bedenken an ënnerschiddlech Meenungen doriwwer, datt d'Fraise vun archeologeschen Ënnersichunge virun engem Bauprojet net méi ganz mussen vum Bauhär gedroe ginn.

D'Madame Leesch huet och dorop higewisen, datt e Sammler vun archeologeschen Artefakten sech soll dorunner halen, datt all fonntent Stéck soll markéiert gi mat de GPS-Daten an deem Datum, wou a wéini et fonnt ginn ass. Dat huet zu vieren Diskussiounen gefouert.

Op Propos vum Comité ass de Fernand Spier via Applaus als Président d'honneur ernannt ginn.

No der AGF huet d'Madame Leesch de *Projet de recherche pour explorer l'utilisation du territoire du Luxembourg au Néolithique à partir des découvertes de surface* virgestallt.

D'Sëtzung ass mat engem Éierewäin, offrëiert vun der Gemeng, ofgeschloss ginn.

## Den Aktivitéitsbericht 2023 vun der S. P. L.

### Generalversammlung 2023

No zwee Joer Restriktiounen duerch d'Pandemie, konnt d'Generalversammlung 2023 nees en präsentiel stattfannen, an dat de 25. Februar am Veräinsbau zu Chrëschtnech. Den Aktivitéitsrapport 2022, an de Finanzbericht vum Georges Thill, bestätegt vun de Keeserevisoren, goufen eestëmmeg ugeholl.

De Comité ass fir 2023 an 2024 erneiert ginn. Dräi laangjäreg Memberen – de Johny Karger, Fernand Spier a Georges Thill – hunn hir Kandidatur net méi gestallt, während véier nei Kandidature erakomm sinn: Philippe Colbach, Luc Franck, Jerry Grün a Romain Meyer. D'Assemblée huet dës nei Zesummesetzung en bloc mat Acclamioun guttgeheescht an den dräi Memberen, déi de Komitee verlooss hunn, Merci gesot fir hir Aarbecht, déi si iwwer 40 Joer laang am Veräi geleescht hunn.

De Budget 2023 gouf eestëmmeg ugeholl. Um Enn vum statuareschen Deel hate mir eng Diskussioun ëm d'Gesetz vum 25. Februar 2022 iwwer de Patrimoine culturel.

D'Sëtzung ass mat engem Éierewäin, offrëiert vun der Gemeng, ofgeschloss ginn.

*Text: Marc Barthelemy*

*Fotoen: Marc Barthelemy, Marie-Paule Wagener*

## Memberen

Den 31. Dezember 2023 hat d'S. P. L. 168 Memberen, dorënner 25 am Ausland. D'Zuel ass liicht eropgaangen am Verglach zu 2022, mä e puer sinn nach net à jour mat hirer Cotisatioun. [...]

## Comité

2023 ass de Comité fënnef Mol zesummekomm (18. Januar, 15. Februar, 22. Mäerz, 17. Juli, 25. Oktober). An der éischter Sëtzung no der Generalversammlung sinn d'Chargen esou verdeelt ginn:

- Presidentin: Denise Leesch;
- Vizepräsident: André Schoellen;
- Generalsekretärin: Marie-Paule Wagener;
- Tresorier: Philippe Colbach;
- Memberen: Luc Franck, Jerry Grün, Georges Jomé, Romain Meyer, Jean-Paul Muller, John J. Muller, Jean-Paul Stein, François Valotteau.

De Comité huet sech, ënnert anerem, ëm d'Aktualiséierung vun den Donnéeën am RCS (Registre de commerce et sociétés) an RBE (Registre des bénéficiaires effectifs) gekëmmert, esou wéi dat néideg war, nodeems d'lescht Joer den Tresorier ersat gi war.

Fir esou effektiv wéi méiglech ze schaffen, sinn am Ufank vum Joer nieft deene bestoenden Aarbechtsgruppen neier geschafe ginn. D'Ziler fir 2023-2024 sinn definéiert ginn. D'Gruppe sinn:

- Bibliothéik,
- Bulletin vun der S. P. L.
- Étude des sites préhistoriques de surface (virdu Grupp ,cailloux')
- Sandsteen
- Georessourcen
- Material
- Excursions archéologiques
- Kommunikatioun.

Esou huet d'Joer 2023 enger gudder Zuel vu Memberen erlaabt, hir Kompetenzen an engem oder méi vun dese Gruppen eranzebréngen a verschidden Aktivitéiten nei ze dynamiséieren.

Den Aktivitéitsprogramm 2024 ass festgehale ginn, virun allem déi Aktivitéiten déi zesumme mam Natur- & Geopark Mëllerdall stattfannen. All dës Rendez-vous gi reegelméisseg op d'Website [www.prehistoire.lu](http://www.prehistoire.lu) gesat

an am Infoblat matgedeelt. Am Joer 2023 ass dëst Informatiounsblat véiermol erauskomm.

## Bulletin de la S. P. L.

2023 ass kee Bulletin erauskomm, awer e puer Artikele fir déi nächst Ausgab sinn a Virbereedung. En neie Volume gëtt verëffentlecht, wann op d'mannst 180 Säiten virleie mat wëssenschaftlechen Aarbechten iwwer d'Vir- a Fréigeschicht zu Lëtzebuerg oder an der Groussregioun. Fir datt och net-archeologesch Fachleit hir Fuerschung an dësem Bulletin verëffentleche kënnen, bitt d'S. P. L. wëssenschaftlech Schreifatelieren un.

## Website [www.prehistoire.lu](http://www.prehistoire.lu)

D'Website ass reegelméisseg aktualiséiert gi mat deene verschiddenen Evenementer an Aarbechtssëtzungen. D'Infoblat steet och um Site. Verschidden Aspekter ginn nach verbessert, mee elo schonns ass de Site déi beschte Plaz, fir iwwer d'Aktivitéite vun der S. P. L. au courant ze bleiwen.

All d'Bulletine vun der S. P. L. sinn op der Websäit verëffentlecht ginn a kënnen elo gratis erofgeluede ginn. All neie Bulletin gëtt no engem Embargo vun engem Joer no der Verëffentlechung online gesat. Dëst ass eng allgemeng Praxis an der wëssenschaftlecher Gemeinschaft.

## Aarbechtsgruppen

De **Grupp Bibliothéik**, koordinéiert vun der Generalsekretärin Marie-Paule Wagener, huet sech all drëtte Mëttwoch am Mount getraff, fir mam Araume virunzefueren, an dëst no engem System, deen d'Consultatioun erliichtert.

Am Joer 2023 huet d'S. P. L. eng honnert Bicher geschéckt kritt an an der Bibliothéik opgeholl, grad wéi verschidden Done vu Membere vun der S. P. L. (P. Ziesaire, M. Grisse, der Duechter vum A. Grisse, Mme Ewers).

Fir seng Aktivitéite besser ze reflektéieren, huet den Aarbechtsgrupp, dee fréier *Groupe cailloux* geheescht huet, säin Numm geännert an ass elo de **Groupe d'étude des sites préhistoriques de surface**. Koordinéiert vum D. Leesch gëtt d'Ënnersuchung vun de Sammlunge G. Arensdorff, M. Ewers, J.-P. Scheifer, P. Rousseau a J. Wilwert virugefouert. Den Tempo vun de Sëtzunge war 2023 e bëssen erofgaange par rapport zu 2022, wéinst der Aarbecht um Projet, fir eng vun de Bourse vun der Fondation Schleich-Lentz ze kréien. De Projet vun der

S. P. L. ass eestëmme gausgewielt ginn an domat kënnen jonk Fuerscher motivéiert ginn, fir am Kader vun der Urgeschicht vu Lëtzebuerg ze schaffen.

De **Grupp „Géoressources“**, dee vun de Geologe Luc Franck a Romain Meyer koordinéiert gëtt, huet d'Etüd vu schwaarzen Devonische Steng ugefaangen, déi bei der Fabrikatioun vun enger ganz grousser Unzuel vu Beiler a Brassarde benotzt goufen. D'Zil ass et, d'petrographesch Natur vun dësem besonnesche Stee besser ze definéieren an d'Plazen, vu wou se hierkommen, präzis ze bestëmmen. Dofir gouf eng éischt Serie vun XRF-Analysen (Röntgenfluoreszenzspektrometrie) op Waken aus der Sauer gemaach a verglach mat archeologeschen Objeten an Echantillonen aus der Datebank, déi vum Service géologique vum Staat geréiert gëtt. Déi encourageant Resultater weisen op d'Notzung vu Knollen oder Pseudoknollen hin, déi a bestëmmte Schichten an den Ardenne virkommen. D'Äntwert op d'Fro vun der primärer Positioun vun de Steng, déi fir d'Hierstellung vun neolitheschen Artefakte benotzt goufen, ass essenziell, fir déi aussergewöhnlech Heefegkeet vu schwaarze Beiler zu Lëtzebuerg ze verstoen.

De **Sandsteen-Grupp**, koordinéiert vu Jerry Grün a Georges Arensdorff, huet d'Enquête nei opgegraff vun de *Schleiffrillen*, *Gleitfurchen* an aner mënschlech Spueren um Lëtzebuerger Sandsteen, déi den Dr. Ernest Schneider beschriwwen hat a sengem Buch vun 1939 *Material zu einer archäologischen Felskunde des Luxemburger Landes*.

D'Membere vun deem Grupp hunn ugefaangen, systematesch a mat ëmmer der selwechter Method, déi verschidde Spueren op Fielsen ze dokumentéieren, an och déi op Gebaier a Monumenter ze berücksichtegen.

De Grupp huet all zweeten Dëschdeg am Mount eng kleng Sortie an all drëtten Sonndeg am Mount eng grouss Sortie organiséiert. Dës Sortie waren e groussen Erfolleg a weisen, datt et ëmmer nach groussen Interessi gëtt un dëse Spueren, déi nach ëmmer gréisstendeels schlecht verstane bleiwen.

### Journée-d'étuden an Atelieren

Vum 27. bis den 29. Januar 2023 waren am Schoul- a Sportzentrum Michel Rodange zu Waldbëlleg dräi Studiendeeg, déi fir jiddereen op waren. Dës Deeg ware geduecht, fir Leit unzezéien, déi léiere wëllen, wéi ee grouss lwwerflächekollektiounen veraarbecht a studéiert, an hir Hëllef bei der Etüd vun dëse groussen Sammlungen ze gewinnen.



Den 18. Februar war en Initiationsdag an d'Urgeschicht *Prähistorische Steinartefakte erkennen und bestimmen*. Dësen Dag, deen an Zesummenaarbecht mam Natur- & Geopark Mëllerdall organiséiert gouf, war an de Raimlechkeete vun der S. P. L. zu Waldbëlleg a war fir jiddereen vu 15 Joer un op. D'Participanten kruten e kuerzen lwwerbléck iwwer d'Evolutioun vun de mënschleche Gesellschaften während der Vir- a Fréigeschicht, an hunn d'Grondlagen erkläert kritt, déi ee brauch, fir prehistoresch Fondstécker ze identifizéieren. Si sinn och geléiert ginn, wéi se sech verhale sollen am Fall, wou se archeologesch Objete fannen.

Vum 16. bis den 18. November war an de Raimlechkeete vun der S. P. L. zu Waldbëlleg den Atelier *Haches taillées sur galet plat*. D'Zil war et, eng bestëmmten Aart vu Beil besser ze definéieren, déi bis elo ze wéineg Opmierksamkeet kritt huet, obschonn se op neolithesche Plazen op béide Säite vun der Sauer tëscht Dikrech a Waasserbëlleg extreem vill virkënnt. Fir dës Geleeënheet hat de J.-P. Scheifer frëndlecherweis 800 Objete vun deem Typ aus senger Sammlung aus der Ëmgégend vun Dikrech zur Verfügung gestallt. No dësem Atelier goufe 500 Stécker ausgewielt, fir enger detaillierter morphometrescher Etüd als Basis ze déngen. Dësse Workshop war e weesentleche Schrëtt, fir d'Funktionsvun den neolitheschen Siten an dëser Regioun ze verstoen.

### Ausflug a Visites guidées

Den 20. Abrëll hat d'S. P. L. eng Visite op der präventiver Ausgruewung vun e puer Hektar um Potaaschbiërg, déi am Kader vun der Entwécklung vun enger grousser Industriezon duerchgefouert gouf. Den Iliya Hadzhipetkov, Archäolog beim INRA an Direkter vun dësem Site, huet d'Ausgruewung an de wëssenschaftleche Kontext vun dësem groussen Site aus der Eisenzäit erkläert.

De 24. Juni hat d'S. P. L. eng archeologesch Rees an de Süde vu Léck organiséiert an Zesummenaarbecht mam Institut archéologique du Luxembourg vun Arel. Deen Ausfluch, organiséiert vum S. P. L.-Member Jean-Claude Muller, huet an de Préhistomuseum vu Flémalle südlech vu Léck gefouert, fir déi temporär Ausstellung *La terre en héritage: du Néolithique à nous...* ze besichen. Duerno war et d'Visite vun der Collégiale Sainte Ode-et-Saint Georges zu Amay a vum megalithesche Site vu Wéris, bei Durbuy.

Den 23. September war zu Blaschent en Hierschtfest fir Membere vun der S. P. L. Si hunn dat nogebautent neolithescht Haus zu Blaschent besicht, dat viru méi wéi 20 Joer vun engem Grupp vu Virgeschichtenthusiaste gebaut gouf, an hunn do e gemittlechen Nomëtteg verbruecht. De Fierschter Serge Reinardt, Initiator vum pädagogesche Projet, huet d'Entstoen an d'Realisatioun vun deem Projet erkläert. Um Enn vum Nomëtteg gouf déi neolithesch Plaz Blaschent-Heed besicht, op där de Jean-Paul Stein jorelaang prospektéiert huet.

Den 30. September huet an Zesummenaarbecht mam Natur- & Geopark Mëllerdall de Lëschbuer-Tour stattfonnt, eng Wanderung vun Hiefenech op de Site vum



Lëschbour, wou ënnert engem impressionante Fiels bei der Schwaarzer lernz déi eelst Iwwerreschter vun zwee *Lëtzebuurger* fonnt goufen. De Jerry Grün an de Georges Jomé hunn als Guide gedéngt a fir vill Erklärungen gesuergt.

### Aner Evenementer

De 5. Mäerz ware véier Membere vum Comité fir d'éischte Kéier um *Dag vun der Lokalgeschichte* zu Viichten, organiséiert vun de *Viichter a Mäerzeger Geschichtsfrënn* an den *Amis du Prieuré d'Useldange*. Dëst war eng Geleeënheet, fir Kontakter mat aneren historesche Veräiner opzebauen, de Bulletin vun der S. P. L. engem breede Publikum ze weisen, an den Austausch vu Publikatiounen tëscht der S. P. L. an de Viichter a Mäerzeger Geschichtsfrënn festzehalen. Et goufen och Kontakter mat verschiddene Leit, dorënner Membere vun der S. P. L., déi archeologesch Prospektiounen am Secteur Viichten maachen an déi op deem Dag en Deel vun hire Fondstécker ausgestellt haten.

### Relatiounen mam INRA (Institut national de recherches archéologiques) a mat Fuerschungsorganisatiounen an der Groussregioun

D'S. P. L. huet reegelméisseg Kontakter mam INRA a mat verschiddene Fuerschungsorganisatiounen am Ausland.

D'Denise Leesch huet den 30. Mäerz am Numm vum Grupp *Études des sites préhistoriques de surface* de Projet mam Titel *Un projet de recherche pour explorer l'utilisation du territoire du Luxembourg au Néolithique à partir des découvertes de surface* presentéiert op der *2e Journée annuelle d'actualité de la recherche archéologique au Grand-Duché de Luxembourg*, organiséiert vum INRA am Fond-de-Gras, an de 6. Abrëll zu Charleville-Mézières am Kader vun de *Journées d'actualité de la recherche archéologique en Ardenne-Eifel*. Dës Presentatiounen op Konferenze maachen et méiglech, d'Recherchë vun eiser Associatioun bei den Archeologe vum INRA an iwwer déi national Grenzen ewech bekannt ze maachen.

*Marie Paule Wagener*  
Generalsekretärin vun der S. P. L.



De Fernand Spier (riets) 2015 beim Sënneren.



De Fernand Spier (riets) 2017 um Terrain.

## Den Éierepresident Fernand Spier

Am Laf vum Joer 2023 ass am Kommittee d'Iddi opkomm, de Fernand Spier als Président d'honneur vun der S. P. L. virzeschloen. Ech wëll e puer vun dem Fernand seng Verdéngschter fir d'S. P. L. ënnersträichen.

Éischtens huet hien 1979, zesumme mat e puer Urgeschicht-Interesséierte Leit a Frënn, d'S. P. L. gegrënnt.

Schonn eleng dat war net esou einfach, wéi ee kënnt mengen. Vun den 1960er-Jore u goufen et Versich, esou eng a.s.b.l. ze grënnen, speziell vum Fernand sengem Papp. Mä esou evident ass et net, fir Persounen ze fannen, déi och gär eng administrativ Charge unhuelen. Zemoools Wëssenschaftler drécken sech gär do virdrun. Ech gehéieren och zu deenen, déi léiwer de ganzen Dag Steng kucken, wéi zum Beispill eng AG virzebereeden. Mä wa keen déi dräi liewenswichtig administrativ Chargé vun enger Gesellschaft iwwerhuele wëllt, d.h. Sekretariat, Trésorerie a Présidentschaft, dann ass et net méiglech, eng a.s.b.l. opzestellen, oder si kann net laang erhale bleiwen. Et huet also e puer Joer gedauert, bis se sech all eeneg waren, an et war nëmme, well de Fernand bereet war, d'Présidentschaft ze iwwerhuelen, dass et schlussendlech eppes ginn ass.

Dono war hie während 32 Joer Präsident an uschlëssend nach bis 2022 am Comité aktiv, an elo och nach an der Bibliothék.

Et ass e grouse Meritt, eng Gesellschaft esou laang um Liewen ze halen, a reegelméisseg e Bulletin erauszeginn. Ech mengen, et gëtt haut hei am Land keen nationale Veräi méi fir provinziälreimesch- oder Mëttelalterarcheologie, obwuel op dëse Fuerschungsgebitter vill méi Professioneller aktiv sinn. Nom Här Charles-Marie Ternes (2004) huet kee méi esou eng archeologesch Associatioun virugefouert oder nei gegrënnt.

Am Ufank krut de Fernand kaum Ënnerstëtzung vu Lëtzebuurger Prehistoriker, well et goufen einfach keng hei am Land: De Jeannot Metzler war haaptsächlech op d'Eisenzäit spezialiséiert an dem Foni Le Brun-Ricalens seng Plaz ass eréischt 1994 geschafe ginn. Ouni d'S. P. L. wär vläicht haut nach kee Poste fir d'Préhistoire do.

De Fernand huet scho virun der Schafung vun der S. P. L. Kontakter mat Professionellen aus dem Ausland opgebaut, frëndschaflech Bezéiunge mat Prehistoriker a Prehistorikerinnen aus der Belsch, aus Frankräich, aus Däitschland, wéi zum Beispill Marguerite Ulrix-Closset, André Gob, Marcel Otte, Yvan Jadin, Pierre Vermeersch, André Thévenin, Jean-Georges Rozoy, Christine Guillaume, Hartwig Löhr a ganz vill aner, déi hie reegelméisseg op Lëtzebuerg invitéiert huet, fir Konferenzen ze halen an doduerch d'Weiderbildung vun de Membere vun der S. P. L. unzereegen.



Hien huet och Ausgruewungen zu Lëtzebuerg organiséiert an duerchgefouert, a wëssenschaftlech Colloquen op d'Bee gestallt. Een, deen dat nach ni gemaach huet, weess guer net, wéi vill Aarbecht dat ass!

A bei onse Politiker huet hien ëmmer nees d'Préhistoire verteidegt, a versicht, hinnen ze erklären, dass Lëtzebuerg an dësem Beräich nach laang net do steet, wou et eigentlech stoe misst, an huet si ëmmer nees op d'Zerstéierung vu ville Fondplazen duerch de Bau an duerch déi fortschreidend Buedemerosioun opmierksam gemaach.

Dem Fernand seng Meritter sinn och am wëssenschaftleche Beräich net ze iwwersinn. Säi Spezialgebitt ass de Mésolithique, dat heescht déi lescht Jeeër-Sammler-Kulture virum groussen neolitheschen Ëmbroch. Am ganze Land huet hie Fondplazen aus dëser Zäit opgeschafft a publizéiert. A wann haut eppes vun der Lëtzebuenger Préhistoire iwver d'Grenzen eraus bekannt ass, dann ass dat de Mésolithique, dank senger villen Aarbechten a senger Energie, d'Resultater vu senger Recherchen och am Ausland bekanntzemaachen, andeems hie vill u regionalen an internationale Colloquen deelgeholl huet. Doniewent huet hie vill zesumme mat Membere vun der S. P. L. publizéiert an hinne gehollef, hir archeologesch Fondstécker auszewäerten. Mir sinn dem Fernand alleguer vill schëlleg an dofir wëlle mir him den Titel vum „Président d'honneur“ ginn.

*Denise Leesch  
Presidentin vun der S. P. L.*

## Bibliothéik

D'Bibliothéik vun der S. P. L. ass an hire Lokaler an der Sportshal zu Waldbëlleg. Do stinn eng 7.500 Bicher a Broschüren a verschiddene Sproochen iwver Archeologie, Ur- a Fréigeschicht, am Ganzen eng 96 lafend Meteren.

Déi Bicher a Broschüre kommen haaptsächlech duerch den Austausch vum Bulletin vun der S. P. L. mat anere wëssenschaftleche Publikatiounen vun Universitëiten, archeologesche Fuerschungsinstituter, Muséeën an Archeologesch Gesellschaften aus zwielef Länner (Belsch, Schwäiz, Tschechesch Republik, Däitschland, Spuenien, Frankräich, Vereenegt Kinnekräich, Italien, Monaco, Holland, Slowakei, Lëtzebuerg).

**Wéinst den Aarbechten am Schoul- a Sportzentrum Michel Rodange zu Waldbëlleg sinn aktuell d'Aktivitéiten an och d'Bibliothéik vun der S. P. L. am Mëllerdall, am fréieren Hotel Cascades.**



## D'WALDBËLLEGER MUSEK

Dir spillt en Instrument an Dir wëllt dat gären an enger Musek maachen.  
Kommt gären eng Kéier dënschdes owes um 20 Auer bei eis an d'Prouf lauschteren.

Fir méi Detailer oder Renseignementer mellt lech op [waldbellegmusek@gmail.com](mailto:waldbellegmusek@gmail.com)

Dëst Joer stinn déi heite Concerten an Optrëtter um Programm vun der Waldbëlleger Musek


- **22. Juni:** Virowend vun Nationalfeierdag an eiser Gemeng.
- **29. Juni:** Concert zu Éilereng um 20 Auer.
- **6. Juli:** Eis Heemescht am Krich – 80 Joer duerno zu Sowelbuer.
- **13. Juli:** Concert zu Stroossen um 18:45 Auer.
- **14. Juli:** Ofschlossconcert um Duerffest.
- **8. September:** Concert um Wäifest zu Gréiwemaacher um 14 Auer.
- **30. November:** Dräikantonsconcert zu Miedernach um 20 Auer.



*De Wëllem um Knuedler.*

**KULTUR A GESCHICHT // CULTURE ET HISTOIRE**





## LËTZEBUERG, KRÄIZPUNKT VU SPROOCHEN A KULTUREN

### D'SPROOCH(EN) ZU LËTZEBUERG

*Text a Fotoen: Marc Barthelemy, Zeechnungen: Susanne Hangarter*

#### Deel 1: Lëtzebuerg, e méisproochegt Land mat méisproochege Bierger

*Dëst ass eng Verschrëftlechung an Aktualiséierung vun engem Virtrag, gehalen den 23. Mäerz 2023 op der Generalversammlung vu Koplescht Fréier & Hott.*

Fir den Duché an dono de Grand-Duché vu Lëtzebuerg als klengt Land, geographesch geleeën tëscht deenen zwou grouse sproochleche Communautéiten Däitsch a Franséisch, war et zu allen Zäite wichteg, a béide Sproochen ze kommunizéieren, méisproocheg ze sinn.

D'Verwaltungs- a Schoulsprooch waren ëmmer Däitsch a Franséisch. Laang gouf de lokale sproochlechen Ausdruck, d'Lëtzebuergesch, net als Sprooch ugesinn, mä als lokalen däitschen Dialekt. Nom Zweete Weltkrich huet dat sech geännert; 1984 gouf Lëtzebuergesch eng offiziell Sprooch, déi offiziell Landessprooch.

D'Lëtzebuenger Sprooch ass eng westmëttelgermanesch Sprooch. Et ginn am Wuertschatz awer och vill romanesch Begrëffer an Ausdréck, franséischer a belscher, mee och italieenescher.

Haut benotzt déi grouss Majoritéit vun den Awunner alldeeglech verschidde Sproochen: d'Nationalsprooch ass Lëtzebuergesch, d'Verwaltungssprooch si Lëtze-

buergesch, Franséisch an Däitsch. Dobäi kommen d'Sproocher vun der Immigrantebevëlkerung, Englesch, Italiénesch, Portugisesch asw. An der Schoul ginn d'Fächer op Däitsch oder Franséisch geléiert.

D'Méisproochegkeet ass eng Traditioun vu fréier: 1083 gouf an der Schoul vun der Abtei Mënster, déi de Monopol op d'Education um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg hat, op Däitsch an op Franséisch geléiert. Fir eng Aarbecht an der Administratioun ze fannen, huet ee misse béid Sproocher kënne.

Am Géigesaz zu haut war Lëtzebuerg deemools e Land mat zwou getrennte Sproochecommunautéiten: D'Hallschent vun der Bevëlkerung huet am deemolege Quartier wallon gelieft, der haiteger belscher Province du Luxembourg, a Wallounesch geschwat. Déi aner Hallschent huet am Däitsche Quartier gelieft an déi lokal Mondaart geschwat, déi deemools als *onst Däitsch, Lëtzebuenger Däitsch* ugesi gouf.

Den Italieener Lodovico Guicciardini huet Lëtzebuerg ënner dem Regime vun Albert an Isabella (1587-1628) besicht a festgestallt:

« En cette ville existe un conseil de Provence [...] auquel conseil, on plaide en langue allemande et française, selon les lieux et villes du Duché, dont les causes viennent ; car il y a beaucoup de villes où l'on parle allemand, comme la propre cité de Luxembourg, Arlon, Rodemack, Thionville ; et plusieurs autres qui utilisent le français comme voix, Mommédy, Mareuil et Danvillers ; à cause de quoy faut que les juges et leurs ministres sachent tous les deux langues. »<sup>1</sup>

No an no si bannent 200 Joer eng Partie Deeler an zum Schluss de ganze wallouneschen Deel un d'Nopeschlänner verluer gaangen. Dës Kaart<sup>2</sup> weist d'sproochlech Grenz an déi Deeler, déi successiv vum Herzogtum – vun 1815 u Groussherzogtum – Lëtzebuerg ofgi goufen.

<sup>1</sup> Les langues de l'enseignement. Nicolas Braunshausen. Ministre de l'Intérieur 1936-1937. Professeur de l'Athénée de Luxembourg et de l'Université de Liège. Le Luxembourg. Livre du Centenaire. Deuxième édition. Imprimerie Saint-Paul. 1949

<sup>2</sup> Déi Kaart kënnt vum Peter Gilles vun der Universitéit vu Lëtzebuerg, no enger Virlag vun der Claudine Moulin vun der Universitéit Tréier



### IX. Jh: Den hollännesche Kinnik-Groussherzog

Zanter 1815 war de Kinnek vun Holland och de Souverain vu Lëtzebuerg. Um Wiener Kongress gouf den Herzogtum Lëtzebuerg dem Kinnek vun Holland zougeschriwwen als perséinleche Besëtz.

Awer en Herzog gouf just als Hoheit, Altesse, adresséiert, an net als Königlische Hoheit, Altesse royale, ewé e Kinnek. De Wëllem den Éischte vun Holland war net doriwwer ameséiert, datt hien zu Lëtzebuerg just eng Altesse sollt sinn. An esou gouf dann och decidéiert, datt Lëtzebuerg e Grand-Duché géif ginn, a säi Monarch e Grand-Duc. Well den ass eng Altesse royale!

1839 goufe mam Éischten Traité de Londres déi belsch Provënzen onofhängeg, mat deem Deel vu Lëtzebuerg, den haut d'Province du Luxembourg ass, als néngte belsch Provënz. Och dat haitegt Lëtzebuerg gouf

onofhängeg, mee nach ëmmer mam Kinnik-Groussherzog a Personalunioun, dat deemools de Wëllem I. war. Hien a spéider de Wëllem III. waren net populär zu Lëtzebuerg. Mee de Wëllem II. war beléift hei am Land, an nach méi säin drëtter Jong Hendrik, de gudde Pränz Hari. 1866 wollt de Wëllem III. Lëtzebuerg un den Napoléon III. verkafen. D'Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg gouf gerett vum Wëllem III. sengem Brudder, dee Gouverneur vu Lëtzebuerg war, dem gudde Pränz Hari a senger Fra, der Prinzessin Amalia, mat Hëllef vu Preußen a Russland.



Portrait vum Michel Rodange, gemoolt vum Frantz Seimetz. MNHA

Schliisslech ass am Zweete Vertrag vu London festgehale ginn, datt Lëtzebuerg onofhängeg wier.

Déi Evenementer hunn dem Michel Rodange säi Liewe beaflosst, dee jo 1827 gebuer gi war. Hien huet a sengem Spottgedicht „Die lustige Pariser Fahrt“ de Geck gemaach mam Keeser, dee Lëtzebuerg annekéiere wollt. Domat war den Napoleon den Drëtte gemengt, mee d'Ofkommes vu London hat him e Stréch duerch d'Rechnung gemaach.

Dat Gedicht ass den 22. Juni 1868 publizéiert ginn am humoristesche-satiresche Wocheblat „D'Wäschfra“.



Den offiziellen Numm vum Knuedler

### Die lustige Pariser Fahrt der Ritter von der traurigen Gestalt

Parturiunt montes nascetur ridiculus mus

Es ritten drei Reiter von Luxemburg aus - Ja!  
Zu Esel vor'm Kaiser von Frankreich sein Haus - Ja!  
Sie hießen: Graf Munsbach, Dux Hahnenschrei,  
Und Pescatoly war, der Marschall, dabei.

Und als sie nun kamen vor'm Kaiser seine Tür - Ja!  
Da schrie'n sie: Herr Kaiser, komm hurtig herfür! - Ja!  
Wir bringen in unserm Mantelstück  
Den Schinken vom feinsten Ardenner Geschmack!

Da sagte der Kaiser und strich sich den Bart - Ja!  
„Uns tut es sehr leid um den Esel der Fahrt, - Ja!  
„Was zäumet ihr Lümmel das Tier auch beim Schwanz!  
„So leset, pardieu! doch die Lond'ner Konfranz!

„Du reste, auch ihr stahlet den Schinken zu spät - Ja!  
„Und bringt ihn, da nun gegessen mich satt! - Ja!  
„Nun packt euch von hinnen und lasst mich in Ruh!  
„Seid mince-bas und mort-coq und Lumpen dazu!

Dee selwechten Thema fënnt sech am *Reenert* erëm, am VIII. Gesang, vun der Zeil 97 un:

Zu Lëtzebuerg gesäit een  
Um grouse Knuedlergaart  
Dräi Kuedere sech zerbäissen:  
't geet fir eng Hameschwaart.

De Schwaarze wëllt se huelen,  
en dréich se gier no Roum:  
Et géif e feint Puer Suelen  
Fir d'Koschtren an em Doum.

De Rouden hätt s'och gieren,  
deen dréich se no Berlin:  
Se géifen him eng Wuuscht do  
Fir a säi Knäplach ginn.

An zu Paräis dem Keeser  
Säi Mantel huet e Lach.  
De Groe mengt, déi Schwäertchen,  
déi géif se stoppen nach.

An dréich hien déi dem Keeser  
Da wär de Keeser frou,  
dee géif him da wuel schenken  
gewëss eng Maus or zwou.

1890 ass de Willem III. gestuerwen ouni e männlechen Nofolger. Zu Lëtzebuerg huet deemools eng Fra no de Reegele vum Haus Nassau net dierfe Groussherzogin sinn, dofir hunn d'Lëtzebuurger den Adolf von Nassau-Weilburg als Groussherzog gewielt. Säi Jong, de Wëllem IV., hat sechs Meedercher, awer kee Jong. D'Lëtzebuurger hunn dunn d'Gesetz geännert, an d'Marie-Adelaïde kouw 1912 op den Troun als éischt Groussherzogin vu Lëtzebuerg, mat dono der Charlotte vun 1919 bis 1964, dem Jean vun 1964 bis 2000, an dem Henri vun 2000 un.



Stroosseschëld an der Stad.

### De Prënz Henri an d'Prinzessin Amalia

De Willem Frederik Hendrik, gebuer 1820, war Prënz vun Oranien-Nassau a Prënz vun den Nidderlanden. De Prënz Henri war den drëtten Jong vum Kinnek Wëllem II. vun Holland an ass „de Séifuerer“ genannt ginn, well en Offizier vun der holländescher Marinn war, an dat och bliwwen ass, wéi hien 1850 vu sengem Brudder Wëllem III. zum Prince-lieutenant vum Groussherzogtum Lëtzebuerg ernannt gouf. Hien huet all Joer e puer Méint am Walfer Schlass gewunnt. 1853 huet hien sech mat der Prinzessin Amalia Maria da Gloria Augusta vu Sachsen-Weimar-Eisenach bestuet. D'Koppel ass op Lëtzebuerg an d'Walfer Schlass wunne komm. Mee si krute keng Kanner. De Prënz Hari hat een inoffiziell Kand, den Elmer Philipp Ladislas zu Istein.

D'Amalia ass den 1. Mee 1872 gestuerwen a gouf zu Delft an der Nieuwe Kerk begruewen. 1878 huet de Prënz Henri sech eng zweet Kéier bestuet, mat der Prinzessin Marie von Preußen. En ass e puer Méint drop zu Walfer un de Riedele gestuerwen.

De „gudde Prënz Hari“ a seng Fra Amalia waren immens populär zu Lëtzebuerg. Den 30. Oktober 1876 gouf e Monument zu Éiere vun der fréier gestuerwener Prinzessin Amalia a Präsenz vun hirem Mann ageweit, am Park an der Stad Lëtzebuerg bei der haiteger Avenue Amélie. De Michel Rodange, dee scho verschidden Texter zu Éiere vun der Prinzessin an dem Prënz geschriwwen hat, war mat

engem Gedicht beoptraagt ginn, dat de Laurent Menager vertout huet. Hien huet d'Aweigung net méi erlieft, well en zwee Méint virdu gestuerwen ass. Mee en hat bis säi leschten Dag doru geschafft.

„Am letzten Morgen es war der 27. August 1876, ein Sonntag, besuchte ihn unser Nationalkomponist Lorent Menager. Der Sterbende fragte den Freund, ob vielleicht noch etwas an der Kantate, die er im Auftrag der Regierung für die Enthüllung des Prinzessin-Amaliendenkmals gedichtet hatte, zu ändern sei [ ] Rodange hat an das Prinzenpaar Heinrich der Niederlande eine Reihe von Festgrüßen gerichtet, von denen die meisten 1873 als Sonderheft erschienen. Im Prinzen Heinrich verehrte er mit dankbarer Bewunderung den herzenguten ritterlichen Mann und den Retter der luxemburgischen Unabhängigkeit; in seiner Gemahlin Amalia von Weimar die Verkörperung adligen Frauentums und die Mutter der Armen [ ]



Prënz Hary. Plack op der aler Gemeng zu Colmer.

Die Festkantate, die er auf Paul Eyschens Einladung zur Enthüllung des Amaliendenkmals verfasst hatte, beschäftigte ihn noch an seinem letzten Lebensmorgen. [ ] Nichts belegt die treu-luxemburgische Gesinnung des Renertdichters ergreifender als dieser schwärmerische Fürstenkultus eines aufrechten Volksmanes, der gewiss kein Fürstendiener sein wollte.“

*Mundartliche und hochdeutsche Dichtung in Luxemburg.*  
Nikolaus Welter. *St. Paulus-Gesellschaft Luxemburg* 1929.  
S. 280-281



*De Monument „à la Princesse Henri des Pays-Bas“, d'Amalien-Denkmal, haut.*


In uns'rer Heimat schönsten Au,  
Im Blumenflor, am luft'gen Hain,  
Da steht von einer hohen Frau,  
Ein Bildnis hehr, in lichtem Schein:  
So stand die Fürstin freundlich und mild,  
Es ist Amaliens trauliches Bild.

Die Sage schwebt zu Himmelshöh'n  
Und nennt ein Licht von neuem Glanz,  
Kein andres strahlt so wunderschön  
In hoher Namen Sternenkranz:  
Das Licht am klaren Himmelsgefil,  
Es ist Amaliens herrliches Bild.

In unsern Herzen lebt ein Hort  
Mit steter Liebe Allgewalt.  
Es lebt mit Geist und Seele fort  
Der reinen edlen Frau Gestalt,  
Die einst uns war ein Schutz und ein Schild,  
Es ist Amaliens teures Bild.

Was wir gelobt im Trauerkleid,  
Im Festschmuck sei's gelobt auf's Neu:  
Amalia lebt auf ew'ge Zeit  
Bei ihrem Volke frei und treu,  
Am Sternendom, im Blumengefil,  
In unsern Herzen Amaliens Bild.

*Auszuch aus der Festkantate, déi de Michel Rodange fir  
d'Aweigung vum Amaliendenkmal geschriwwen hat.*







## RHODA BENNETT, TEXTILKÄNSCHTLERIN VU CHRËSCHTNECH

Am Januar 2020 ass d’Rhoda Bennett aus der Stad op Chrëschtnech geplënnert. Si genéisst d’Schéinheet vun der Natur hei – an d’Rou. Si geet vill spadséieren a schafft am Gaart.

Stress ofbaue war fir d’Rhoda Bennett scho wichteg, wéi si nach geschafft huet, an dofir hat si mam Quilting ugefaang. Lo mécht si hiert Hobby scho säit 20 Joer.

D’Rhoda Bennett ass urspringlech aus Neuseeland. Si huet op der Uni Design an Ekonomie studéiert, mee et war eng Frëndin, déi hir d’Grondkenntnisser vum Quilting bäibruucht huet, an duerno huet si sech op eege Fauscht informéiert, fir nei Musteren z’entwerfen: Unhand vun enger Software z.B. oder Zäitschrëften. D’Welt ronderëm si ass hir Inspiratioun.

Hir Collagen si ganz reng: Couche op Couche vu Stoffer leien openeen a si gebitzt op der Hand oder mat der Bitzmaschinn. D’Rhoda huet viru Lëtzebuerg a Papua Neuguinea, Chile, Bolivien an Australie gewunnt, an all déi Länner hunn hir Wierker markéiert. Een Thema dat mir opfällt sinn d’Beem: Si tauchen ëmmer erëm op an de verschiddenste Formen.

D’Rhoda Bennett nennt sech „textile artist“ an hëlt reegelméisseg Deel un Ausstellungen. Hir nächst ass am Elsass zu Ste Marie-des-Mines, am „Carrefour européen du patchwork et textile“.

Den Thema ass d’Mier, an d’Ausstellung vum 12. - 15. September.

*Text: Isabelle Oberlé  
Fotoen: Rhoda Bennett*





**NaturPakt**  
Mëng Gemeng engagéiert sech



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et de la Biodiversité

## HËLZEN DÉIEREN AM CHRËSCHTNECHER KREES



Foto: Änder Erpelding

Am Kader vum Projet „D'Naturparken zu Lëtzebuerg – (een) Insekteräich“, a mat finanzieller Ënnerstëtzung vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, huet Enn 2023 déi naturno an insektefrëndlech Ëmgestaltung vum Rond-Point zu Chrëschtnech ugefaang. An Tëschenzäit sinn d'Aarbechten do sou gutt wéi ofgeschloss: Déi naturno Strukturelementer sinn opgeriicht, d'Wëllstauden si geplanz an de Som ka kéngen.

Foto: Änder Erpelding



Wann een duerch de Kreesverkéier fiert, da stécht engem ee besonnesch opfällegt Strukturelement direkt an d'Aen: eng Rei vu siwe geschnëtzten Holzskulpturen, déi sech vun der Mëtt vum Rond-Point a Richtung Suelwuer zitt. An dobäi sinn d'Skulpturen net just een „Eyecatcher“. Zousätzlech kënnen déi an d'Holzskulpture gebuerte Lächer vun huelraumbréiende Wëllbeien als Niströhre genotzt ginn.

D'Insektentotems goufen Enn Januar am Kader vun engem partizipative Workshop am Gebai vum Service technique zu Waldbëlleg hiergestallt. De Workshop gouf vum Tony Cruz (Natur a Mënsch s.à.r.l.) geleet an huet sech virun allem un d'Gemengenaarbechter vun der Gemeng Waldbëlleg geriicht, mee och all aner interesséiert Persoun war wëllkomm.

Fir d'Totems ze maachen, goufe gedréchent Bamstämm aus massivem Holz (hei Robinie) benotzt. Bei der Hierstellung vun Insektennisthëllefen gëtt dovun ofgeroden ee méi mëllt Holz (z.B. Kifer, Fiicht, Pëppel) ze benotzen. Buerungen a mëllem Holz kënnen ausfransen an d'Fasere





Foto: NGPM Conny Bourgmeyer



Foto: NGPM Conny Bourgmeyer

bannen an de Lächer kënnen déi sensibel Flilleke vun den Insekte blesséieren.

Anengeréischter Etappgoufend' Holzstämm geschielt an ofgeschlaff. Mat Motorsee, Schläifmaschinn a Meessel goufen ënnerschiddlech Insekten a Blummen an d' Holzstämm geschnëzt. Aus Drot goufen zousätzlech d'Been an d'Füer vun den Insekte geformt. An engem leschte Schrëtt goufe Lächer mat ënnerschiddlechem Duerchmesser (3 mm, 5 mm, 7 mm) an d' Stämm gebuert. D' Lächer mat dem gréissten Duerchmesser ginn zum Beispill vun deene méi decken „Mauerbienen“ fir ze nistegenotzt, während d' Lächer mat deem méi klengen Duerchmesser ënner anerem „Scherenbienen“ a „Grabwespen“ als Nistplaz déngen kënnen. Beim Opriichte vun den



Foto: Änder Erpelding

Totems am Kreesverkéier gouf drop opgepasst, datt d' Lächer méiglechst no Süden ausgericht sinn. Doriwwer eraus goufen d' Lächer ëmmer liicht schrëi no uewe gebuert, fir ze verhënneren datt Fiichtegkeet sech dra sammelt.

Am Joer 2022 goufen déi éischt Insektentotems am Kader vum Projet „D'Naturparken zu Lëtzebuerg – (een) Insekteräich“ op der Härewiss an der Gemeng Beaufort opgeriicht. Dës fungéieren als dekorativ Pottoen am Zonk ronderëm de Sandarium a kënnen gläichzäiteg als Insektentotems genotzt ginn. Zanter der Installatioun am Rond-Point zu Chrëschtnech erfreen sech d' Insektentotems enger grousser Beléiftheet. D' Insekten-Skulpturen, déi sech anzwëschen als Symbol-dréier vum Projet entwéckelt hunn,



Foto: Änder Erpelding

wäert Dir an Zukunft och an anere Membersgemenge vun deenen dräi Naturparke bestaune kënnen – haalt Är Aen op.

*Conny Bourgmeyer  
(Natur- a Geopark Mëllerdall)*

Foto: NGPM Maurice Schilling





# Ons Heemecht am Krich

## 80 Joer duerno

6 juillet 2024 de 10h00 - 01h00  
7 juillet 2024 de 10h00 - 18h00


à Savelborn

Photo: Lucien Léopard (coll. Rol Gaul/MNHM)  
Savelborn 1945 / Sturmgeschütz IV



WALDBËLLEG  
COMMUNE DE WALDBILLIG

# Invitation



### Grewenhaff

**Atelier : L'enrôlement forcé**

« Ons Jongen » / « Bunker »

- résistance
- enrôlement forcé

Liaison avec le Grewenhaff par des véhicules militaires

### Savelborn

**Atelier : Headquarter**

Maison de diorama

- Hôpital de campagne
- « U.S. Headquarter »
- Transmission
- Véhicules militaires américains

**Les soldats américains, la « Wehrmacht » et les « Yankees » luxembourgeois**

Diorama dans la carrière

- armée américaine de l'époque
- « Wehrmacht »

### Savelborn

**Parking à Savelborn**

Liaison des différents sites par des véhicules militaires

**Restauration par une « Field Kitchen » à partir de 11h30**

- « Ierzebulli »
- Hamburger, frites & salade
- Pulled pork, frites & salade

### Kelleschhaff

**Atelier : Population civile**

Témoins de l'époque

- Témoignages de la guerre

Liaison avec le Kelleschhaff par des véhicules militaires

## 80 JOER ARDENNENOFFENSIV

Op Initiative vu Quadriga Luxembourg gëtt de Weekend vum 5. bis de 7. Juli ënner dem Motto „Ons Heemecht am Krich – 80 Joer duerno“ un d’Ardennenoffensiv erënnert, déi jo zu Waldbëlleg, zu Haler an och zu Suelwuer, Enn 1944 fir vill Schued gesuergt hat. Mat un der Organisatioun bedeelegt sinn déi zwou Gemengen, Waldbëlleg an d’Ärenzdaller Gemeng.

Freides ass e flotte Programm fir d’Schoulkanner aus dem C4 aus deenen zwou Gemengen, wou si vun enger Statioun op déi aner ginn, mat Jeepen, mat Ierbessebulli aus enger Gamell asw.

Samschdes a sonndes sinn iwwer de ganzen Dag Ausstellungen, Aktivitéiten an Ateliere fir de Public. Samschdes owes ass déi offiziell Zere-



*D’Aweigung vun der Ausstellung 2014. Foto: Camille Goedert*

monie. Um 19:00 Auer geet e Cortège fort beim Haus Nummer 5 zu Suelwuer an um 19:15 Auer ass dann déi offiziell Zeremonie beim Haus Nummer 6. Dono ass en Éierewäin an de grouse Liberty-Bal.

Informatiounen kommen op de Site: [www.quadriga.lu](http://www.quadriga.lu)

*De Marcel Ewers 2014 am Seitert. Foto: Luc Azzeri*



*De Konvoi vun de Militärgesfirer 2014. Foto: Luc Azzeri*



Et sief drun erënnert, datt de Marcel Ewers vun Haler dacks an de Gemengebuet vu Waldbëlleg an an de FUUSS iwwer seng Erliednesser als kleng Bouf an där Zäit geschriwwen huet an och iwwer d’Ardennenoffensiv.

Am Joer 2014 war zu Waldbëlleg eng grouss ugeluechten Erënnungszeremonie an eng Ausstellung fir déi 70 Joer vun der Ardennenoffensiv. Doriwuer steet vill am FUUSS vun 2015 op de Säite vun 201 bis 218. E groussen Zuch vu Militärgesfirer ass deemools bis an de Bësch Seitert bei Haler gefuer, wou Aenzeien hir Erliednesser gezielt hunn an déi vill interesséiert Leit déi nach ëmmer net ganz verschwonne Iwwerreschter vun den deemolegen Militäroperatiounen explizéiert kruten.



Night Vigil 2019. Foto: Damaris

2019 war eng beweegend Night Vigil zu Waldbëlleg, déi u 75 Joer Ardenneroffensiv erënnert huet. Am FUUSS 2020-1 war doriwwer e Reportage an och eng ausféierlech Beschreiwung vun där Offensiv vum Marcel Ewers, op de Säiten 92 bis 107.

Am FUUSS 2020-2 huet den Ern Wagner op de Säite 60 an 61 drun erënnert, wéi deemools säin Heemechtshaus, de Kelleschhaff komplett zerstéiert gouf.

Am FUUSS 2020-1 stoung dat heiten:

„De 7. Dezember hunn d’Friends of Patton’s 26th Infantry Division – Luxembourg (FPYD-Luxembourg) op eng Night Vigil invitéiert zu Waldbëlleg, fir un d’Ardenneroffensiv ze erënnere, déi viru 75 Joer ganz vill Misär am Land a speziell an eiser Gemeng ugeriicht hat.

Den Éierebuergermeeschter Jean-Luc Schleich, d’Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer, d’Schäffen Théo Moulin a Serge Boonen, d’Gemengeréit Corinne

Meyers, Marc Barthelemy, Mike Michels, Jean-Joseph Tholl, Romain Tobes, d’Personal vun der Gemeng a vill Bierger waren do.

Als Éieregäscht sinn ugetrueden den Arméiminister François Bausch, de Kommandant vu der Lëtzebuerger Arméi Generol Alain Duschène, de britteschen Ambassadeur John Marshall an a Verriedung vum amerikaneschen Ambassadeur den Här Craig J. Ferguson, Public Affairs Officer. Ganz spezielle Gaascht war d’Helen Patton, Enkelin vum Generol Patton.

Aus dem Pennsylvania war den Howard Liddic mat senger Fra op Besuch. Säi Papp war zu Baaschtnesch während der Ardenneroffensiv am Asaz.

Den Ufank vun der Gedenkfeier war am Centre scolaire et sportif Michel Rodange. D’Waldbëlleger Musek huet d’Aleedung gemaach an dunn och déi dräi Nationalhymne gespilt. Dono si Riede gehale ginn, vum Här Marc Weber, President vun den FPYD-Luxembourg (Friends of Patton’s 26th Infantry Division), der Madame Andrée Henx-Greischer,

Buergermeeschtesch vun der Gemeng Waldbëlleg, dem Här Craig J. Ferguson, Representant vun der amerikanescher Ambassade, an dem Här John Marshall, britteschen Ambassadeur zu Lëtzebuerg.

De President vun den FPYD-Luxembourg huet sech driwwer gefreet, datt och 75 Joer no der Battle of the Bulge nach ëmmer esou vill Leit bei Gedenkfeierlechkleeten untrieden, an ënnerstrach, wéi wichteg et ass, grad haut, fir un d'Evenementer vun deemools ze erënneren. D'Buergermeeschtesch huet de grouse Merci ervirgehewen, deen d'Awunner vun den Uertschafte vun der Gemeng Waldbëlleg bis haut géintwuer den amerikaneschen Zaldoten empfangen an ausdrécken, déi si viru 75 Joer vun de Preise liberéiert haten an dobäi hir Gesondheet an hiert Liewen op d'Spill gesat hunn. Si huet och un déi 27 Awunner vu Waldbëlleg, Haler a Chrëschtnech erënnert, déi dem Zweete Weltkrich zum Affer gefall sinn.

Den Här Craig Ferguson huet an emouvante Wieder beschriwwen, wéi hien an deene knappen dräi Méint, déi en hei zu Lëtzebuerg ass, ëmmer erëm als Amerikaner, mee och als Mënsch, geréiert ass vun de ville Plazen a Momenter, wou d'Lëtzebuenger un déi amerikanesch Zaldoten erënneren, déi deemools hei waren. Säi Grousspapp war och do derbäi; dee Mann huet net vill vum Krich verzielt, mee vu Lëtzebuerg huet e gesot: „Luxembourg is a beautiful place.“ „That is so!“, huet den Här Ferguson confirméiert. De britteschen Ambassadeur huet an excellentem Lëtzebuergesch un de Krich erënnert a sech och driwwer gefreet, datt déi Erënnerung hei esou héichgehale gëtt.

Dunn ass e Cortège mat Fakelen an den Zentrum vu Waldbëlleg gaang bei de Monument ënnen am Duerf, dat vun de Gemengenservicer schéin dekoréiert gi war. D'Garde d'honneur huet sech opgestallt.

Den Här Marc Weber, President vun den FPYD-Luxembourg, huet ausféierlech d'Kampfhandlung beschriwwen, déi ëm Chrëscht-dag 1945 dozou gefouert hunn, datt d'Preise Waldbëlleg an Haler besat haten an d'Amerikaner déi

zwei Uertschaften no zéie Kämpf konnte befreien. Hien huet d'Madame Helen Patton begréisst, d'Enkelin vum General Patton, „dem gréisste General, deen d'amerikanesch Arméi jeemools hat“. D'Madame Patton huet insistéiert, datt hire Grousspapp ëmmer gesot huet, et wier net hie selwer gewiescht, deen déi Kämpf duerchgestanen hat, mee seng Zaldoten. Si ass selwer touchéiert vun den Erënnerungszeremonien an huet den FPYD-Luxembourg an den Autoritéiten dofir en häerzleche Merci gesot.

Den Här Christian Pettinger vun den FPYD-Luxembourg huet un déi zwee amerikanesch Zaldoten erënnert, déi zu Haler a Waldbëlleg gefall sinn, de Corporal Joseph Friend an den Private Louis F. Schwall. Et si Rousen un de Public verdeelt ginn, déi dunn eenzel virun dem Monument an de Fotoe vun den zwee Zaldoten néiergeluecht si ginn. D'Sonnerie aux morts gouf gespillt.

Duerno gong de Cortège hannescht an de Centre scolaire. D'Gemeng huet en Éierewäin offréiert, d'Lëtzebuenger Arméi en Ierbsebulli.“

All Editiounen vum Gemengebuet a vum FUUSS stinn op der Internetsäit <https://waldbillig.sigidrive.lu/index.php/s/i4Z3YwfYDEaooYX?path=%2FDe%20FUUSS> – et fënnt een dat op der Säit [www.waldbillig.lu](http://www.waldbillig.lu) ënner der Rubrik Archives publications.

*Marc Barthelemy*

*Night Vigil 2019. Foto: Damaris*



## GALACONCERT VUN DER WALDBËLLEGER MUSEK

Den 3. Februar war den traditonelle Galaconcert vun der Waldbëlleger Musek an der Sportshal. Wéi d'Fotoe weisen, war de Sall voll an déi vill Leit kruten e flotte Programm

gebueden ënner der Direktioun vum Ben Weiland. Soloist war de fréieren Dirigent Christophe Weiland. De Joé Schmit huet duerch de Concert gefouert.





Den 1. Mee sinn d'Musikanten an de Bësch gefuer, fir de grad esou traditionelle Mee kranz zesummen ze bastelen. Net nëmmen d'Gemengenautoritéite vun haut, mee och déi eminent Waldbëlleger, déi virun der Dier a Stee gemeesselt sinn, kruten do eppes mat.

*Fotoen: Membere vun der Waldbëlleger Musek, Damaris*



## UERGELFRËNN WALDBËLLEG

An eise Concerten hu mir et e bëssen zur Traditioun gemaach, ongewinnt Instrumenter mat der Uergel zesummenzesetzen. 2016 hate mir zum Beispill e Concert mam Maxime Bender (Saxophon) a Maurice Clément (Uergel); 2021 waren et Philippe Stier (Trombonn) a Stéphanie Duprel (Uergel). E Sonndeg, den 10. Mäerz 2024 hate mir dann e Recital mat Autumn Le Lievre (Harf) a Robin Alder (Uergel).

De Robin ass e gebiertege Engländer, wunnt awer zanter méi wéi 50 Joer hei am Land, an ass ee vun den Organiste vun der Anglikanescher Kierch zu Lëtzebuerg. Hien ass och e laangjäreg Member – bal vun der éischter Stonn – vun den Uergelfrënn Waldbëlleg.

D'Harfistin Autumn Le Lievre kënnt och aus dem engleschsproochegem Raum, an zwar vun der Kanalinsel Guernsey. Si wunnt schon zanter enger fënnef Joer zu Lëtzebuerg, dovu bal 3 Joer zu Buerglënster, wou si och an der Musek spillt.



Hire Programm huet den Titel „Baroque meets Folk“ gedroen, a bestoung deemno aus zwee Deeler, den éischte mat (bekannten a manner bekannten) Stécker aus der Zäit tëscht 1700 a 1750, vun Händel, Vivaldi a Johann Sebastian Bach. Den zweeten Deel war dann der Folklore aus Irland a Groussbritannien gewidmet, woubäi ee gutt eraushéieren huet, datt déi zwee Genren, trotz hirer ënnerschiddleche sozialen Originnen, awer enger eenzeger Klangwelt ugehéiert hunn. Déi Relatioun huet d'Autumn ënner-

strach mat hirem Arrangement „Sheba's Reel“, eng iredsch Danzmelodie baséiert op dem Händel sengem „Arrival of the Queen of Sheba“, wat de Robin duerno op der Uergel gespillt huet.

E Publikum vun iwwer 45 Nolauschterer huet gutt gewosst, dës Verbannung vu Klassik a Folklore ze appreciieren an hu begeeschert mat hirem Applaus eng Zugab gefuerdert.

*Text a Foto: Henry Wickens.*





## JOURNÉE D'INITIATION À LA PRÉHISTOIRE ET À LA PROTOHISTOIRE

Samschdes, den 9. Mäerz, hat den Natur- a Geopark Mëllerdall zesumme mat der Société préhistorique luxembourgeoise (S. P. L.) vun 10 bis 17 Auer zu Waldbëlleg eng Formatioun organiséiert iwwer d'Fréigeschicht an d'Urgeschicht, Protohistoire a Préhistoire. Dozentin war d'Madamm Denise Leesch, déi viru Kuerzem no 35 Joer als prähistoresch Archeologin an der Schwäiz op Lëtzebuerg hanneschkoum an elo un enger ganzer Partie Projeten am Beräich vun der Archeologie

hei am Land matschafft. Si huet d'Relève vum Marcel Ewers vun Haler iwwerholl als Presidentin vun der S. P. L.

Hir läit virun allem um Häerz, datt déi risegrouss Sammlungen a privater Hand wëssenschaftlech opgeschafft ginn, d. h. datt esouwäit ewéi méiglech deene gesammelten Artefakten eng Beschreibung zoukënn, mat dem Datum an der Plaz, wou se fonnt si ginn. Well esou eng Sammlung, ewéi zum Beispill déi vum Här Ewers, wäit iwwer zwanzegtausend Stécker ëmfaasst, ass et kloer, datt do vill Aarbecht op déi waart, déi dat benevole maachen.

Der Madamm Leesch ass et immens wichteg, datt sech engersäits méi Leit fannen, déi do wëlle matmaachen. An datt anersäits déijéineg, déi sammelen, direkt déi fonnte Stécker korrekt verschaffen, d. h. se per GPS-Koordinate lokaliséieren, an dat ewéi och den Datum an aner wichteg Donnéeën notéieren a bei dat Stéck leeën. Ze bemierken ass och, datt fir sammelen ze goen eng Autorisatioun néideg ass vum INRA, dem *Institut national de recherches archéologiques*.

Eng aacht Participanten haten sech am Lokal vun der S. P. L. am Waldbëlleger *Centre sportif et scolaire Michel Rodange* afonnt an hu moies eng Basis vermëttelt kritt iwwer d'Préhistoire, déi an eisem Land wäit an der Zäit zeréckgeet. Eelste mënschlech Iwwerreschter goufen um Lëschbuer fonnt, tëscht Reiland a Mëllerdall op der Grenz tëscht de Gemenge Waldbëlleg an Hiefenech. De Lëschbuermann oder Lëschu huet virun 8.000 Joer gelieft. Seng Iwwerreschter leien haut am nationale Geschichtsmusée um Fëschmaart an der Stad an eng Kopie war am leider elo definitiv zouene Musée am lechternacher Hihof ze gesinn. Nobäi war 1.000 Joer méi fréi eng Fra ageäschert ginn. Si hunn allebéid nach an der





eigentlecher Préhistoire gelieft, der Zäit vun de Jeeër a Sammler.

Mat den Awanderer ëm 3500 viru Christus koum den Akerbau an d'Land; dat war den Ufank vun der Protohistoire. D'Mënschen hunn sech op feste Plazen ugesidelt. Eng éischt Epoch wor markéiert vun nach ëmmer stengen Outilen an typescher Keramik. Méi spéit koume mat der Bronze a spéider mam Eisen nei Méiglechkeeten, fir Outilen a Waffen ze fabrizéieren. Mat de Réimer huet d'Protohistoire opgehéiert.

Mëttes goug et drëm ze léieren, wéi een en Artefakt aus mënschlecher Fabrikatioun ënnerscheede ka vun engem Geofakt, also engem Steen, deem seng Form natierlech entstanen ass. Ganz typesch fir eis Géigend sinn déi Beiler aus engem schwaarze Steen, deen d'Leit deemools an der Sauer fonnt hunn, an deen a wëssenschaftleche Publikatiounen dacks onprezis als *Tonschiefer* bezeechent gëtt. Et ass weeder Toun nach Schifer.

Den Archeolog Marc Schaack vun Téiteng huet demonstréiert, wéi een aus engem Stéck Silex mat e bëssen Übung ka Stécker erofschloen, déi sech dann zu Lamellen oder Spëtze verschaffe loossen. De Marc Schaack organiséiert am neie Musée FERRUM zu Téiteng Atelier-pedagogiquen iwwer d'Prehistoire: <https://schungfabrik.lu/ferrum1>

Géint 5 Auer sinn déi Aarbechten an animéiert Diskussiounen zu Enn gaangen.

*Text a Fotoen: Marc Barthelemy*





# LIEWEN AN DER GEMENG // VIE RURALE



## BUERG ZU WALDBËLLEG



Zu Waldbëlleg hate ewéi gewinnt d'Frënn vun de Pompjeeën eng Buerg opgeriicht, déi op Buergsamschdeg de 17. Februar gebrannt gouf. Gehollef hate vill Frënn, virun allem och vu Sang mat Waldbëlleg-Haler, déi duerch d'Duerf gezu sinn a Paangecher ausgedeelt hunn. Owee hunn déi hausgemaachte Gromperkichelcher gutt geschmaacht.



Op Ouschtersonndeg waren d'Frënn vun de Pompjeeën op d'Ouschtereërsich opgebracht, zesumme mat de Kanner aus der Gemeng.

*Fotoen: Damaris*



## BUERGBRENNEN ZU HALER

Wéi all Jar hunn déi Haler Lett och 2024 nees probéiert de Wanter duerch d'Buergbrennen ze verjoen. No e sëllege Virbereedungen, wéi z.B. Flyere maachen an ausdeelen, Gulaschzopp kachen, Gedrénks a Grillgeschier organiséieren, an ... an ... an ..., war et den 18. Februar dann uewen op der Haler Hicht sou wäit.

Moies ëm 10 Auer gong et well lass, déi Haler Lett hunn sech op der Hicht versammelt an d'Aarbechte se verdeelt ginn, souwäit dat nach niddeg war. Mee et waren awer net nëmmen Awunner vun Haler do, et war souguer ee sympathesche Kärel aus Amerika derbäi. Hien huet Kontakter an der Heenerecht an hält sech extra e puer Deeg Congé wann et nëmme geet, fir heihinner ze kommen an eng Hand beim Buergbrenne mat unzepaken!

D'Zelter an de Grill goufen opgeriicht, Gedrénks-Këste geschleeft, Gas-Brenner installéiert, Feier gemaach an nach vill kleng, awer wichteg, aner Aarbechten. Donieft gong eng Prozessioun ronderëm den Trakter duerch d'Duerf fir Brennmaterial ze sammeln. Alles war sou gutt wéi méiglech organiséiert an sou gouf et och keng gréisser Probleemer deen Dag ze léisen. Just d'Wieder war net optimal, kal a fiicht war et, deelweis huet et och gereent. Mee dat sollt der gudder Stëmmung awer net schueden. D'Dännestämm luuche schonn do an d'Lach war och well gebuert. Dat hëlleft enorm vill an all Réck, dee sou net wéi deet, seet dem Lachbuerer an dem Dänneliwwerant en décke Merci.



Wéi d'Traditioun et sou wëll, gouf ginnt Mëtteg da mat guddem Appetit zesumme geess. Zum Gegrills gehéieren natierlech och lecker Zaloten an deen een oder aneren Dessert.

Nomëttes goufen dann d'Dännestämm zu 2 Kräizer zesummegebaut, ee groust an ee manner groust dat vun der Haler Jugend opgeriicht gouf.

Wéi mëttlerweil gewosst ass, gëtt et beim Buergbrenne keng Präislëscht, duerfir stung nees eng flott Spendekëscht do. Dëst Jar war souguer een derbäi, deen drop opgepasst huet, och wann hien net ganz sou mobil war. Déi Spendekëscht ass duerch d'Letzt gefiddert ginn, déi entspreechend hirem Honger an Duschtt eppes dra geluecht hunn.

Dëst Jar war den Erléis fir „Schrëtt fir Schrëtt“, eng A.s.b.l. déi eng konduktiv Pädagogik fir behënnert Mënschen ubitt.



Ginnt 7 Auer sënn d'Kräizer dann ugestach ginn.

Trotz liichtem Reen hunn d'Buerge gutt gebrannt an et waren och dëst Jar rëm vill Lett kucke komm, vun no a vu méi wäit. An et war d'Zäit fir d'Gulaschzopp an e klenge Patt derbäi. Do dernieft gouf et dëst Jar eng 1. Kéier och Paangecher a Popcorn, déi alle béid hire Succès haten.

Nom Ofriichten, Raumen, Apaken a Botze sënn der owes vill midd an d'Bett geklommen an hate vläicht schonn e puer gutt Iddie fir d'nächst Jar, well „Nom Buergbrennen ass virum Buergbrennen“.

Domat war d'Buergbrennen awer nach net fäerdeg, well di gesammelt Sue jo nach gespent ginn. Duerfir gouf den 3. Abrëll e Scheck vun 1000 € u „Scrëtt fir Schrëtt“ iwwerreecht. Traditionsgeméiss ass dat wärend engem

sympatheschen Oweseessen gemaach ginn, béi deem déi A.s.b.l och kuerz virgestallt gouf.

*D'Fotoen an den Text se vun den Haler Lett.*





**AN DER LOUPESCHT**  
CLUB AKTIV PLUS

## CLUB SENIOR AN DER LOUPESCHT → CLUB AKTIV PLUS AN DER LOUPESCHT

Immer in Bewegung: Nach der Einführung des neuen Gesetzes über die Qualität von Dienstleistungen für Senioren hat unser Club Senior nun eine neue Identität. Wir freuen uns, Sie unter dem Namen „Club Aktiv Plus An der Loupescht“ begrüßen zu dürfen! Unsere Vision bleibt unverändert: Aktives Altern, lebenslanges Lernen und der Kampf gegen soziale Isolation stehen im Mittelpunkt. Der Begriff „AKTIV“ spiegelt unser Engagement wider, Ihnen ein dynamisches und bereicherndes Leben zu bieten, unabhängig von Ihrem Alter! So beinhaltet unser Programm weiterhin Aktivitäten wie Nordic Walking, Krafttraining, Yoga und viele andere sportliche Aktivitäten. Wenn Sie eher gesellige Aktivitäten bevorzugen, bieten wir auch Kurse zur kognitiven Stimulation, zur Förderung des Technologiebewusstseins und Gesellschaftsspiele an. Das „PLUS“ symbolisiert, was Sie über die eigentliche Aktivität hinaus mitnehmen: neue soziale Bindungen, zusätzliche

Kompetenzen, Geselligkeit und eine anregende persönliche Entwicklung!

Unsere vielfältigen Aktivitäten bieten jedem, egal welchen Alters, die Möglichkeit, sich zu engagieren und bereichernde Erfahrungen zu sammeln! Schließen Sie sich uns an und beteiligen Sie sich an unseren Initiativen: Werden Sie „AKTIV“ und nehmen Sie das „PLUS“ mit! Wenn Sie sich anmelden möchten, aber Ihre Lieblingsaktivität nicht in unserer Broschüre finden, oder wenn Sie eine Aktivität vorschlagen möchten, zögern Sie nicht, uns zu kontaktieren. Wir freuen uns darauf, Ihre Fragen, Kommentare und Anregungen zu beantworten.

*Das Team Ihres Club Aktiv Plus An der Loupescht*

## CLUB SENIOR AN DER LOUPESCHT → CLUB AKTIV PLUS AN DER LOUPESCHT

Toujours en évolution : suite à l'instauration de la nouvelle loi sur la qualité des services destinés aux aînés, notre Club Senior arbore désormais une nouvelle identité. Nous sommes ravis de vous accueillir désormais sous le nom de « Club Aktiv Plus An der Loupescht » ! Notre vision demeure la même, axée sur le vieillissement actif, l'apprentissage continu et la lutte contre l'isolement social. Le terme « AKTIV » reflète notre engagement à vous offrir une vie dynamique et enrichissante, quel que soit votre âge ! Ainsi,

notre programme comprend toujours des activités telles que la marche nordique, la musculation, le yoga et bien d'autres activités sportives. Si vous préférez des activités plus conviviales, nous proposons également des cours de stimulation cognitive, de sensibilisation aux technologies et des jeux de société. Le « PLUS » symbolise ce que vous apportez en plus de l'activité elle-même : de nouveaux liens sociaux, des compétences supplémentaires, de la convivialité et un développement personnel stimulant !



Nos diverses activités offrent à chacun, peu importe son âge, l'opportunité de s'engager et de vivre des expériences enrichissantes ! Rejoignez-nous et participez à nos initiatives : devenez « AKTIV » et emportez le « PLUS » avec vous ! Si vous souhaitez vous inscrire mais ne trouvez pas votre activité préférée dans notre brochure, ou si vous souhaitez proposer une activité, n'hésitez pas à nous contacter. Nous sommes impatients de répondre à vos questions, commentaires et suggestions !

*L'équipe de votre Club Aktiv Plus An der Loupescht*



## De CLUB AKTIV PLUS AN DER LOUPESCHT an der GEMENG WALDBËLLEG



**AN DER LOUPESCHT**  
CLUB AKTIV PLUS

### DIGITAL

**Handy & Tablett Berodung zu  
Waldbëlleg**  
Rdv op Ufro

**17/05/2024**  
Salon de l'inclusion numérique

### SPORT A BEWEEGUNG

**Trëppeltour**  
Méindes

**Petanque**  
Denschdes

**Nordic Walking**  
Mëttwochs

*Detailler an Treffpunkt op Ufro*

### AUSFLICH & VISITTEN

